



MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

*Se sont abstenus:* MM. Serge Urbany et David Wagner.

An da bleift mer just nach, d’Fro no der Dispens vum zweete Vote ze stellen.

#### (Assentiment)

D’accord. Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6545 iwwert d’Reform vum Sozialdialog. An direkt huet den Här Rapporteur d’Wuert, den Här Frank Arndt.

### 5. 6545 - Projet de loi portant réforme du dialogue social à l’intérieur des entreprises et modifiant le Code du Travail et la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de Commerce et des Sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

#### Rapport de la Commission du Travail, de l’Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun 30 Joer war ech President vun enger Delegation. Ech hat net gemengt, datt ech eng Kéier hei kéint stoen an de Mëtten ee Gesetz mat-presentéieren, wat een, fir mech, ee grouse Schratt weiderbréngt, ee Gesetz, wat Kompromësser bedeit.

#### (Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Et ass e ganz wichtege Projet. Wann ech gelift!

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President.

...wat Kompromësser bedeit, sougutt fir d’Betriber wéi och fir d’Aarbechtsnehmer. Ech mengen, et huet 36 Joer gedauert, bis mer et elo op de Leescht hei huelen. An et ass néideg, datt et op de Leescht geholl gëtt. Ech denken, datt ech herno als Fraktiounssprecher vun der LSAP do wëllt méi drop agoen. Elo ass et awer mäi Rôle, de Rapport ze maachen. An ech géif och mat deem elo weiderfueren.

D’Gesetz ass de 25. Februar 2013 déposiert ginn. Et sinn Avisen erakomm vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Métiers, dem Comité du Travail féminin, vum Conseil d’État, Avis-complémentaire, en zweeten Avis complémentaire. Mir kruten de Projet de loi vum Minister 2013 an am Oktober 2014 presentéiert. Ech sinn an där Réunion vum 1.10.2014 als Rapporteur designéiert ginn. Mir hunn am Ganze 75 Amendementer adaptéiert. An de Projet ass de 24. Juni 2015 ugeholl ginn.

Et muss een awer vläicht den Historique kucke vum Dialogue social. Dat geet op 1919 zrëck, wéi et den éischte Conseil d’usine permanent ginn ass. 1974 ass agefouert ginn, datt all Betrib, wou méi wéi 20 Aarbechter schaffen, eng Delegation muss hunn. 1974 ass de Comité mixte agefouert ginn. An 1979 war eng grouss Reform vun de Personaldelegationen, déi gemaach ginn ass an un där dem Här Wolter an dem Här Spautz hir Pappen do mat dru geschafft hunn.

D’Regierungserklärung vum 12.8.1999: Ukënnung vun enger gesamter Reform vun den Texter betreffend d’Personaldelegation an d’Cogestiuon. 2000 ass op Avis vum CES gesot ginn, datt et bluttnéideg wier, fir eng Reform ze maachen, fir d’Décisionsprozedure besser ze encadréieren, souwuel um nationale wéi um europäeschen Niveau. Doropshin huet d’Regierung ugefaangen, ee Projet auszeschaffen, mä deem ass leider net finaliséiert ginn.

D’Regierungserklärung vum 23.7.2009: Ukënnung vun där Reform nach eng Kéier. D’Fonctionnement vun de Personaldelegationen soll un déi aktuell wirtschaftlech Gegebenheeten ugepasst ginn, den Dialogue social soll méi effikass ginn an d’Konditiounen, an deenen d’Delegéierten hiert Mandat ausféieren, souwéi hire Kënnegungsschutz sollte verbessert ginn.

D’Grënn, fir den Dialogue social ze verbessern, sinn...

#### (Interruption)

Erlaabt mer just, eng Kéier kuerz ze drénken. Merci.

Also, d’Grënn, fir den Dialogue social ze verbessern, sinn: Wann een de Rapport vun Davos iwwert d’Gesamtkompetitivitéit vun de

Länner kuckt, sinn ënnert deenen zéng kompetitivste Länner der fënnef, déi e staark entwéckelte Sozialdialog hunn an och gewerkschaftlech Verriedungen an de Betriber hunn. D’Beispill vum däitsche Betribsrat ass sécherlech net dat schlechst, dat ee kann ernimmen.

Zweetens, d’Betriber sinn de wirtschaftlechen Turbulenzen an Ännerungen ausgesetzt a mussen sech erëm nei adaptéieren. Dëst huet oft een Impakt op d’Aarbechtsbedéngunge vun den Aarbechter. Dofir ass eng Verbesserung vum Sozialdialog grad zu Lëtzebuerg wichteg. Och soziale Fridden ass Nation Branding.

Drëttens, déi aktuell Prozedure waren net ëmmer effizient. Si sollen net ganz nei definéiert ginn, mä der Realitéit ugepasst a vereinfacht ginn, fir ënner anerem der grousser Komplexitéit vun der moderner Entreprise Rechnung ze droen. D’Wirtschaft soll demokratiséiert ginn, andeems d’Salariéen e méi grousst Matsproocherecht kréien.

Wat sinn dann d’Haaptpunkte vum Projet de loi? Jo, d’Suppressioun vum Comité mixte ass ee vun den Haaptpunkten. D’Attributioun vum Comité mixte ginn un d’Délégations du personnel weidergeleet. D’Delegation ass also déi eenzeg Instanz, déi den Intérêt vun de Salariéen an de Betriber vertritt. Dat ass a mengen Aen eng Vereinfachung.

Doriwwer kann een natierlech diskutéieren, mä wann een awer kuckt, wann et fréier bis 150 Leit war, hu mer et awer elo fäerdegbruecht, a virun allem war et jo och an de Wirtschaftszweiger, wou et virun allem de Comité mixte ginn ass, ass et awer elo méiglech, ab 150 Leit an alle Betriber kënnen e Matsproocherecht ze hunn. Also ass dat scho fir mech eng Vereinfachung.

An et muss een och soen, datt deelweis double Emploi gemaach gi war. Well ech aus Erfahrung do ka schwätzen: Wann een an enger Delegation souz an een e Comité mixte parallëll lafen hat, huet een net ëmmer déiselwecht Informatiounen weiderkritt, wéi déi Leit se am Comité mixte kritt hunn. Also ass et, mengen ech, besser, si gi gebündelt op engem Niveau. An dat sollen dann d’Delegationen an eisen Ae sinn. An dat ass och am Rapport esou festgehale ginn.

Dann: Nei Strukturéierung an den Attributiounen vu Personaldelegationen. D’Gréisst vun der Personaldelegation hänkt vun der Zuel vun de Salariéen am Betrib of. Mindestens 15 Salarié fir een Delegéierten, deen d’Intérête vun de Salarié vertritt.

Fir wat vertritt e se? Wat d’Aarbechtsbedéngungen an de Sozialstatut ueget, vermittelt en am Fall vun engem Konflikt zwëschen dem Patron an dem Employé. Wann de Konflikt net à l’amiable ka geléist ginn, kann d’Delegation och d’ITM saiséieren.

D’Égalité de traitement, wat d’Paien, d’Aarbechtsbedéngungen an den Accès zur Formation bedeit.

De Patron muss d’Delegation iwwer all Entwécklung vu sengen Aktivitéiten am Betrib informéieren. An deene Betriber mat iwwer 150 Salarié muss déi Informatioun all Mount stattfannen. An deene Betriber muss de Patron all Joer der Delegation en detailléierte Rapport iwwert d’Aktivitéit vun der Entreprise virleeën.

De Projet de loi gesäit Beräicher vir, wou d’Delegation informéiert a consultéiert muss ginn, an aner Beräicher, wou d’Delegation och ëm den Avis muss gefrot ginn.

Wou muss dann d’Delegation informéiert a consultéiert ginn? Wann et ëm d’Entwécklung vum Emploi am Betrib geet. De Patron muss all Semester der Delegation d’Statistike liwweren iwwert d’Neiastellungen, d’Entloossungen, d’Promotiounen, d’Mutatiounen, d’Rémunératiounen an d’Formatiounen an och iwwert d’Astellung vun den Intérimairen, d’Ofschléisse vu Contrats d’appui-emploi oder Contrats d’initiation à l’emploi.

D’Delegation muss och informéiert a consultéiert ginn iwwert d’Œuvres sociales, fréier ëmmer an der Kompetenz vum Comité mixte, déi et eventuell am Betrib ginn an déi am Intérêt vun den Employés an hire Famillje sinn. Dozou gehéieren och Mesuren, déi den Accès op e Logement assuréieren oder vereinfachen.

Wu muss dann informéiert, consultéiert an och den Avis gefrot ginn?

All Beräich, dee mat de Verbesserunge vun den Aarbechtsbedéngungen ze dinn huet. D’Ausbildung vun de Léierbouwen, Léiermeedercher, de Réclassement interne, etc. Eng kleng Remarque derzou: D’Gestion des âges ass gestrach ginn, well et dofir nach keng legal Basis gëtt. Et ass awer virgesinn, an engem Projet de loi weider behandelt ze ginn.

D’Personaldelegation muss ënner hire Membere den Délégué à la sécurité et à la santé an een Délégué à l’égalité nominéieren. Si kréien zousätzlech Congé de formation.

Den Délégué à la sécurité muss vum Patron iwwer all nei Mesuren, déi en Afloss op d’Aarbechtsbedéngungen oder d’Sécherheet am Betrib hunn, informéiert ginn. Hie kann d’Chantiers kontrolléieren goen an, am Fall vun enger Urgence, d’ITM informéieren.

Den Délégué à l’égalité muss ënner anerem dem Patron ee Plang mat Mesurë virstellen, déi d’Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer am Betrib férdere.

Aner Strukturen an de Betriber. D’Delegation um Niveau vun der Entité économique et sociale, also eng EES, ass eng Zesummeféierung vun Entitéiten, déi och kënnen autonom Personnalité-juridiquen hunn, mä wou d’Delegation awer konzentriert ass. Wann op d’mannst zwou Delegationen vun enger EES dat férdere, kann eng zousätzlech Delegation um Niveau vun der EES gegrënnt ginn. Si vertritt d’Intérête vun alle Salarié vum Grupp an déngt dem Informationsaustausch ënnert den Delegationen.

A Betriber vu manner wéi 15 Salarié gëtt ee Verrieder designéiert, dee mat Voix consultative un de Versammlung vum der EES kann deelhuele.

Betriber mat méi wéi 51 Salarié kënnen op extern oder intern Conseillere zréckgräifen oder op een Expert, dee vum Employeur bezuelt gëtt, no feste Regeln.

E kuerzt Wuert iwwert d’Wahlen. D’Delegéierte gi vun de Salarié gewielt unhand vu Lëscht mat Kandidaten, déi vun enger Gewerkschaft opgesat ginn, déi déi national Représentativitéit huet oder 5% vun de Salariéen. Wa keng Kandidat sech presentéieren, da mécht den Employeur der ITM ee Rapport, deen eng Enquête am Betrib mécht. Doropshi kënnen d’Kandidat par arrêté vum Aarbechtsminister designéiert ginn.

D’Delegéierte gi fir fënnef Joer gewielt.

D’Konditiounen fir d’aktiivt Wahlrecht sinn op 16 Joer erfogsat ginn. Et war ëmmer 18 Joer, mä well och d’Délégation des jeunes salariés ofgeschafft ginn ass, war et logesch, datt een de Wahlalter erfogsat huet.

En Aarbechts- oder Ausbildungsvertrag vun op d’mannst sechs Méint muss een hunn. Dat passivt Wahlrecht: 18 Joer; Aarbechtsvertrag vun op d’mannst zwielef Méint onënnerbrach; Lëtzebuerger sinn oder eng Aarbechtsautorisation hunn, fir hei zu Lëtzebuerg ze schaffen.

Ze bemierken: De Salarié intérimaire huet kee Wahlrecht an deem Betrib, wou e seng Servicer ubitt.

De Crédit d’heures. De Projet de loi gesäit fir den Employeur d’Obligation vir, fir de Membere vun der Delegation Stonne fräi ze ginn, fir hirer Aarbecht als Delegéiert nozekommen. D’Unzuel vun de Stonnen, déi d’Delegation zegutt huet, hänkt vun der Gréisst vum Betrib of.

Eng aner Neuerung am Projet de loi: Nei Delegéierte kréien dat éischt Joer vun hirem Mandat 16 Stonnen en plus, wat jo och Sënn mécht: Wa se nei ufänken, brauche se virun allem Formation.

De Schutz vun den Delegéierten. De Projet de loi gesäit vir, dass d’Personaldelegéierten an och d’Délégués à la sécurité ënner Kënnegungsschutz sti während der Dauer vun hirem Mandat. Dëse Schutz gëllt net am Fall, wou d’Entreprise aus wirtschaftleche Grënn muss zoumaachen oder am Fall vun enger Faute grave. Allerdéngs huet d’Kommissioun déi Klausel vun der Faute grave och esou geännert, dass en abusivt Zréckgräife vum Patron op dës Klausel net méiglech ass.

D’Mediation. Innovation vum Projet de loi: D’Mise en place vun enger Mediation am Fall vun engem Sträit tëschent dem Patron an engem Salarié iwwer eng Ausleeung vun engem oder méi Artikel vum Code du Travail oder sief et vun engem Kollektivvertrag.

An deem Fall kann eng Commission de médiation am Kader vum Kollektivvertrag aberuff ginn, um Niveau vun der Entreprise oder um Niveau vum Secteur. Bei engem Échec vun der Mediation sinn all legal Weeër méiglech, fir virun déi zoustänneg Juridictionen ze trieden.

D’Aarbecht vun der Kommissioun wëll ech nach eng Kéier hei ernimmen. D’Kommissioun huet sech ganz intensiv mam Projet a mat de verschiddenen Avisen auserneegeesat.

Résumé vun den Haaptdiskussionenpunkten.

Suite Remarquë vun der Chambre des Salariés: D’Crédits d’heures sinn ugepasst ginn.

Den ursprénglechen Text hat virgesinn, d’Délégation divisionnaires ofzeschaffen a se duerch Représentants d’établissement ze ersetzen, well déi staark un de Fonctionnement vum Secteur gebonne waren. De Statsrot war kritesch. D’Kommissioun huet deen Artikel ganz fale gelooss.

Vereinfachung vun der Représentation: All Pouvoiren an d’Hänn vun enger Delegation - der Personaldelegation nämlech.

D’Dispositione gesi vir, dass ee Betrib, deen an enger Entité économique et sociale ass a manner wéi 15 Salariéen huet, ee Verrieder kann designéieren, deen um de Versammlung vum der Delegation um Niveau vun der EES deelhuele kann. Dat ass och vum Statsrot kritiséiert ginn, well se net kloer formuléiert ass. D’Kommissioun huet déi Disposition awer behalen, fir ze verhënnere, dass d’Patrone sech laanscht eng Delegation drécken, andeems se d’Betriber soulaang splécken, bis se manner wéi 15 Salariéen hunn.

Den urspréngleche Projet de loi hat virgesinn, dass an deene Betriber, wou sech keng Kandidature presentéieren, op Ufro vun enger Majoritéit vun de Salariéen d’Membere vun der Delegation par arrêté designéiert ginn. Dat war an ass vun der Chambre des Salariés kritiséiert ginn, well et Situatiounen ginn, wou op Drock vum Patron keng Kandidatur zustane kënn. D’Kommissioun proposéiert, dass fir d’Éischt eng Enquête vun der ITM soll gemaach ginn iwwert d’Ursachen, firwat keng Kandidatur do ass, an dono eréischt gëtt den Delegéierten designéiert.

Mir hunn och an der Kommissioun festgehalten, dem Statsrot senger Proposition de texte vum 30.4.2015 Rechnung ze droen.

Des Weideren hat sech och de Feelerdäiwel ageschlaach. Et waren Erreur-matériellen dran, a mir hunn eis eng Kéier op e Paragraf respektiv op en Alinea beruff, wat falsch war. De Statsrot huet eis awer do gréng Luucht ginn, fir dat kënnen ëmzeännere.

Ech denken, am schrëftleche Rapport fannt Dir all déi Detailer an Dir kënn se dann och do noliessen. Merci un all d’Kollegen an d’Kolleginnen aus der Kommissioun fir déi haart awer ëmmer fair Debatten, déi mer haten, fir dat gutt Zesummeschaffen. Merci och un d’Leit aus dem Ministère souwéi un d’Leit aus der Chambersad-ministratioun.

Just eppes Klenges, wat ech nach mat op de Wee wëll ginn. Ech mengen, et ass ee Konsens, dee fonnt ginn ass. Et mécht een ni jiddwerengem alles gerecht. Dat muss ee bei esou Gesetzer einfach mat agesinn. An an deem Sënn denken ech, datt dat heiten awer ee Konsens ass, deen ee kann droen.

A Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d’Wuert huet direkt den éischte Spriecher, de Marc Spautz fir d’CSV.

#### Discussion générale

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d’Alleréischts e Merci un de Frank Arndt fir säi Bericht a seng Duerstellung. Och wann ech net mat allem kann averstane sinn, wat e gesot huet, esou wëll ech em awer Merci soe fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet. An ech wëll och ënnersträichen, wat en elo zum Schluss gesot huet, dass, wann d’Diskussionen och heiansdo an der Kommissiounssitzung e bësse méi haart waren, esou ass et awer ëmmer ëm dat Konstruktivt gaangen, dass et ëmmer wichteg war, dass mer gesicht hunn, Léisungen ze fannen, mat deene jiddweree sech kann identifzéieren, wat eis jo oft gelongen ass a leider awer net iwwerall.

Akzenter ginn haut hei gesat. Wat fir eng, dat wäert d’Zukunft weisen. Wann een eppes wëllt änneren, muss ee wëssen, wéi et war a wéi et ass. Ech selwer hat d’Chance, Member vun enger Delegation an och Member vun engem Comité mixte gewiescht ze sinn. Dofir weess ech aus éischer Hand, wat et bedeit, an deene Gremien ze sëtzen.

Ech kann och soen, ech war mat enger Beruffschamber zesumme mam Gast Gibéryen. Déi ass dono fusionéiert gi mat der Chambre des Employés privés. An haut schwätze mer nach just vu fënnef Beruffschamberen. Mä Klammer erëm zou.

Also, ech hoffen, dass, wa mer eng Kéier géife bei de Patronatschamberen och d’Fusioun maachen, dass dat da keng Konsequenzen huet op d’Delegéierten, déi mer am Wirtschafts- a Sozialrot zu Bréissel kréien, wou jo gëschter driwwer geschwat ginn ass, well et ass am Fong ee vun de Salariatsmandatar aus dem Wirtschafts- a Sozialrot, wat elo net méi wäert besat ginn. Mä de Statsminister huet eis jo gëschter erkläert, mir kréien dat Mandat jo eventuell erëm. Da si mer emol gespaant, ob dat bis 2021 de Fall ass.





An och dono a mengem Beruffsliewen hat ech vill mat dem Gesetz vun 1974 iwwert de Comité mixte an och iwwert d'Delegatiounsgesetz vun 1979 respektiv mat den Ännerungen, och nach mat deene vun 1980, well déi mer besonnesch um Härz leien, ze dinne.

Wann een e kleng Réckbléck mécht iwwer alles dat, wat d'Représentation nationale ubelaangt, esou muss een zrëckgoen op 1936, wéi d'Gesetz komm ass vun der Liberté syndicale. Schonn 1936 ass och de Conseil national du travail geschafe ginn, wou d'Patronat an d'Salariat zesummesouzen. Et kéint ee bal soen, dat wier de Virleef vum eppes gewiescht, wat mer haut erëm kennen an och mussen hunn.

An den 10. November 1944, dat heescht direkt nom Krich, ass do nach en drëtter Partner bäikomm, nämlech de Stat. Et kann ee scho soen, 1944 haten d'Leit deemools och mat der Iddi vun der Tripartite, déi awer eréischt '77 geschafe ginn ass, schonn do déi éischt Weeër an déi éischt Marquë gestallt. 1945 ass och d'Conciliation geschafe ginn. D'Conciliation, déi am Volleksmond dobausséi méi defir bekannt ass, wann et Sträit ze schlichte gëtt zwëschen de Vertragsparteien, sief et an engem Kollektivvertrag, mä dass se awer och eng ganz wichteg Missioun hunn, wann et Schwierigkeete gëtt an der Interpretation vum Comité mixte respektiv vun der Delegation. Dat ass net iwwerall esou bekannt gewiescht.

1958 hu mer déi éischt BIT-Konventionen, déi sech och mat der Matbestimmung beschäftegt hunn, ratifizéiert. Dat war d'Konvention '87 an '98. Ech wëll just soen - eng Klammer um Rand -, et sinn haut nach Länner, déi se nach ëmmer net ratifizéiert hunn. Do gesäit een, dass Lëtzebuerg awer schonn 1958 derbäi war.

An 1965 ass dunn dat éischt richteg Kollektivvertragsgesetz hei zu Lëtzebuerg komm. Et ass och nach 1966 dee Wirtschafts- a Sozialrot komm. Och dat ass en Organ, wou et ëm den Dialogue social geet. A schlussendlech 1977 de Comité de coordination de tripartite, wou ech awer schonn drop higewisen hunn, dass schonn 1944 déi Leit vun deemools och déi Iddi haten, fir déi dräi Parteien zesummenzekerien.

Dat ass de Wee vum nationalen Dialog. An ech mengen, deem ass jo och wichteg. Den nationalen Dialog huet déi eng Roll ze spillen an de betrieblechen Dialog eng aner.

Den 28. Abrëll 1919 ass et Flicht ginn hei zu Lëtzebuerg, e Conseil d'usine ze schafen. An dat ass an all Betrib iwwer 50 Leit gewiescht. Do ass e Conseil d'usine geschafe ginn. D'Delegatioun vun den Employéen ass 1937 geschafe ginn, well bis 1937 waren net vill Employéen an de Betriber beschäftegt. Mä dono ass eng Delegation komm vun den Employéen.

Déi éischt richteg Aarbechterdelegation mat deem Titel si geschafe ginn den 30. Oktober 1958. An 1962 an '71 sinn och nach eng Kéier Ännerunge komm, wat d'Délégations des employés privés ubelaangt.

Bei all deem, wat ech lech elo gezielt hunn, war meeschtens heibannen an der Chamber e ganz grouse Konsens, fir dat ze maachen. Mä dono, 1974 beim Comité mixte, et ass schonn heibanne geschwat ginn, vun 1945 bis 1974 ass gebraucht ginn, dass de Comité mixte komm ass. Den éischte Virstouss huet de Pierre Krier 1945 geholl, fir en „gemischte Betriebsrat“ ze schafen, dat no Modeller, déi et schonn déi Zäit an der Kuelenindustrie am Lothringesche ginn ass. 1951 ass och an Däitschland d'Montan-Matbestimmung komm. Dee gréissten an deem erfollegräichste Matbestimmungsmodell, deem et gëtt. Mä eréischt hei zu Lëtzebuerg ass 1972 no engem Avis vum Conseil économique et social d'Décision gefall, fir e Comité mixte ze schafen.

An et war de Statssekretär Jacques Santer, deem 1974 de Projet déposéiert huet, an och deem, deem duerno ëmgesat ginn ass. An dat ass am Fong dat Gesetz vun 1974, vun deem mer haut nach ëmmer, wat de Comité mixte ubelaangt, schwätzen.

Den 18. Mee 1979, an den Här Arndt huet d'Gesetz schonn zitëiert, war heibannen eng gréisser Auseenansetzung. Do ass et ëm en neit Ausschussgesetz gaangen, wat déi deemoleg DP-LSAP-Koalition hannerluecht hat, a wou et drëm gaangen ass, déi minoritär Partner e bësse méi schlecht ze behandelen. Dunn ass dat Gesetz awer heibanne gestëmmt ginn. Et war d'Documentation parlementaire Nummer 2284 mat de Stëmme vun der DP an der LSAP géint d'Stëmme vun der kommunistescher Partei, vun der CSV, déi deemools géint de Projet waren.

An den 3. Abrëll, mä derzwëscht war esou eppes wéi eng Wahl, wou eng aner Regierung zustane komm ass, an dunn ass eng nei Koalition komm, an dofir ass dat Gesetz den 3. Abrëll geännert ginn ënner enger CSV-DP-Regierung an déi Ongerechtegkeet, wat d'Demokratie an de Betriber ubelaangt, ass erëm ofgeschafft ginn.

#### (Interruption)

Och dat ganz interessant nozeliessen, d'Documentation parlementaire, fir déi Kolleegen, déi et gär liesen: 2333. Dat kënnt Der alleguerten noliessen. An deemools stoung et ënner anerem a verschiddene Presseorganer, ob dat net e Cadeau wier un déi neigegrënnten Eenheetsgewerkschaft, well déi ass 1978 entstan gewiescht.

D'Gesetz vun 1974 iwwert de Comité mixte, an do huet de Frank Arndt schonn drop higewisen, huet deemools net fir all d'Betriber iwwer 150 Leit gegollt, well all déi Betriber mam Statsvertrag, déi waren exclu. Dat heescht: de Casino vu Mondorf. Dat heescht: d'SEO. Dat heescht, am Ufank d'Spideeler, well d'Spideeler hu relativ laang gebraucht, bis se sech och op den Niveau vum Comité mixte gemaach haten, obwuel an den Dokumenter vun 1974 steet, dass et wichteg wier, dass et an de Spideeler direkt géif kommen. Mä déizäit hu mer och nach ënnerschiddlech Krankekeese kannt. Do war nach net d'Fusion vun de Krankekesen. An dat war dat, wat '74 beim Gesetz war.

An ech weess et esou gutt, well ech probéiert hat als..., wéi ech eng Kéier en neien Job kritt hunn an enger Gewerkschaft, hat ech d'SEO ugesicht, well ech gesot hunn, d'Gesetz iwwert de Comité mixte géif net applizéiert ginn. An do hunn ech deemools d'Antwort kritt, majo, dat wier, well et e Statsvertrag wier, deem dat géif regelen. An dofir sinn ech deemools ofgeblëtzt. An dat sinn esou Momenter, déi behäls de däi Liewe laang, wann s de esou Saache gekuckt hues. Dat sinn ëmmer erëm schön Erënnerungen, déi s de dann hues, wou s de dech agesat hues, mä wou s de awer deemools hues missen an der Documentation parlementaire feststellen, dass se net op deem Wee waren.

Mir haten dann och grouss Diskussionen an den 90er Joren, ob een net misst d'Delegationsgesetz an och d'Comité-mixte-Gesetz änneren. 1992 huet d'Regierung Santer/Poos - neen, '92, dach, Santer/Poos - den Optrag ginn un de Conseil économique et social, dee misst e Rapport schreiwen iwwert d'Entwécklung - déi hat eng zwee-Drëtter-Majoritéit heibannen, Här Bodry -, un de Conseil économique et social, e soll eng Analys maachen, wat de Comité mixte bruecht huet, op wat fir enge Punkten e misst geännert ginn.

An dee Rapport ass 1999 am Plenum vum Conseil économique et social verabschit ginn, dass mer en neie Sozialdialog misste kréien. Dat war 1999 den Avis vum CES dozou. 1999 hunn och déi deemoleg representativ Gewerkschaften dem Aarbechtsminister matgedeelt, wat d'Ännerunge wieren, déi se gär hätte beim Delegationsgesetz, a wéi déi nei Échéancé sollte sinn, wéi déi Ännerunge sollte gemaach ginn. Doriwwer ass och geschafft ginn op deene jeeeweilege Plazen, mä et muss ee wessen, dass et awer nach méi laang gedauert huet, bis d'Ännerunge komm sinn.

Wat ass den Haaptënnerscheid beim Comité mixte? De Comité mixte ass och gewielt fir fënnf Joer, mä e gëtt net gewielt vun de Leit alleguerten, déi an engem Betrib schaffen, mä e gëtt just vun den Delegatiounen gewielt, déi do sinn. Déi bestëmmen, wien déi Verrieder sinn am Comité mixte. An do gëtt no engem Proporzsystem gewielt, bei alleguerten de Betriber, wéi gesot, mat méi wéi 150 Leit.

D'Gesetz vun 1974 huet awer och nach en anere Bestandsdeel, an dat ass dat iwwert d'Verwaltungsrecht. Et ass och a Betriber, wou Verwaltungsrecht bestinn, dass do och en Drëtter vun de Leit musse Verrieder si vum Personal. An och do gëtt et eng Besonnenheet, dass, wann et e Betrib ass vun der Utilité publique, dass et do och scho bei manner wéi där Klausel vum Verwaltungsrot..., dass dann och scho musse Personalverrieder an de Conseil d'administration kommen. Dat hutt Der bei verschiddene klengen SAen, déi awer am Energieberäich ganz aktiv sinn an déi de Gemenge gehéieren, wou Leit mat am Verwaltungsrot vertruede sinn.

Da si mer bei der Delegation. Do gëtt och op fënnf Joer gewielt, mä do wielt net d'Delegatioun, do wielt d'ganzt Personal, déi dann en Aarbechtsvertrag hunn an déi un de Betrib gebonne sinn. Bis 100 Leit gëtt nom Majorz gewielt, dat heescht op Persounen. An iwwer 100 Leit gëtt nom Proporz gewielt, dat heescht mat Lëscht vum de Gewerkschaften oder och vun anere Leit, déi et fäerdegbruecht hunn, genuch Ënnerschrëften ze bréngen. Déi national representativ Gewerkschaft brauche keng Ën-

nerschrëften, mä déi aner, déi mussen Ënnerschrëfte bréngen, wa se anerefalls wëlle Lëscht deponéieren.

Et muss een awer do nach derbäisoen: Beim Matbestimmungsgesetz, do ass och ëmmer e Prorata gemaach ginn am Comité mixte tëscht de Beamten an den Aarbechter. Wann Der e Betrib hat, wou 160 Leit geschafft hunn an Dir hat 50 Aarbechter an 110 Beamten, da waren et zwee Beamteverrieder an een Aarbechterverrieder, oder ëmgedrëit. An dat huet och ëmmer geännert. Jee nodeem wéi grouss de Betrib war, ass d'Kompositioun och ëmmer méi grouss ginn.

2006 ass de Sozialdialog Thema an der Tripartite gewiescht. Hei sëtzen ausser mir och nach aner Leit heibannen, déi deemools, zwar mat enger anerer Kap, och an där Tripartite souzen. An 2006 huet et geheescht: Wëlle mer en neie Sozialdialog, en neie Projet oder ass et de Statut unique? An do ass d'Décision gefall an där Tripartite, dass de Statut unique soll kommen an dass de Sozialdialog da géif e bëssen no hanner gedréckt ginn.

Se waren net alleguerte frou mat där Ukënnung, déi deemools gemaach ginn ass an der Tripartite, mä et war dee Beschloss an et war dat Resultat, wat 2006 aus der Tripartite erauskomm ass. De Statut unique ass komm an d'Reform vun der Matbestimmung an och vum Ausschussgesetz ass no hanner verréckelt ginn a war fir dee Moment vum Dësch.

Dat ass eng vun deenen Erklärungen dofir, och vläicht well den Här Arndt virdrun drop higewisen huet, wéi laang et gedauert huet, bis mer endlech zu där Reform komm sinn, dass se awer 2006 scho kuerz virun der Dier stoung an dass se do verlagert ginn ass, well nämlech do de Statut unique agefouert ginn ass. Dat muss een och wessen.

Do war och eng europäesch Direktiv komm, déi drop higewisen huet, wat een alles kéint a sollt änneren. An och am Kader vum europäesche Sozialdialog war dat eent vun de groussen Themen, well et ass jo och déi Zäit gewiescht, wéi d'europäesch Betribsrät - vun deene mer hei elo weider net schwätzen - och agefouert gi sinn.

De Statut unique huet dann du mat sech bruecht, dass 2008 Iwwergangsbestimmungen hu misse gemaach gi bei den Delegationswahlen. 2008 ass nach gewielt ginn, wéi wann et getrennten Delegatiounen wieren. An an enger rezenter Question parlementaire, déi de Minister mer beäntwert hat, konnte mer och do feststellen, dass 2008 d'Zuel vun den Delegatiounen an d'Luucht gaange war op 2.235.

Dat war deemools eng Steigerung vu 500 Delegatiounen vun enger Wahl op déi aner, wat awer ze erkläre war, dass mer dee Moment och nach ëmmer méi Aarbechtsplazen hei am Land geschafen hunn an ëmmer méi Betriber komm sinn. An déi ass awer dono erfogaangen 2013 vun 2.200 op 1.944, wat awer logesch ass, wann een de System vun den Delegatiounen kennt, well do sinn et jo Délégation-uniquë ginn an net méi individuell eng Aarbechter- oder eng Beamtelegatioun, wéi et virdrun de Fall war.

Gläichzäitig sinn d'Comité-mixten an d'Luucht gaangen. 2008 waren et der 100 hei am Land, an 2013 waren et 132 Comité-mixten, déi hei am Land agesat gi sinn. Wann een dann zwar den Total mécht vun all deene Betriber iwwer 150, stellt ee fest, dass een eng Differenz huet, well den Total vun de Betriber, dat sinn der méi wéi 132, mä se hunn net alleguerten e Comité mixte.

Mä de Minister huet mer geschriwwen gehat, dass en d'ITM chargéiert hat, déi Analys ze maachen, mä e kéint mer de Moment net méi soen. An am Kader vun den NACE-Coden, déi hannendrustinn, huet een awer festgestallt, dass et méi Betriber sinn. Do ass sécherlech nach een oder deen aneren, wou de Comité mixte dee Moment nach net agesat war, respektiv wou een och muss oppassen, do ass jo eng Deadline, wéini d'Zuele gerechent ginn, wéini Wahlen sinn, a wann een am Laf vun der Period eréischt déi Chifferen erreecht, dann zielt dat awer net - déi eng soen elo leider, déi aner soe Gott sei Dank -, fir dann e Comité mixte anzesetzen.

Dono ass e Kompromiss komm an der deemoleger Koalition vun der CSV mat der LSAP. Et ass e Kompromiss gesicht ginn no deene Wahlen 2008, dass mer missten Ännerunge maachen, well et schwierig wier, mat dem Statut unique bei deem System vun den Delegatiounen a bei deem System vum Comité mixte ze bleiwen.

Ee vun de Kompromisser war, dass de Comité mixte géif ofgeschafft ginn, dass beim Crédit d'heures e Mindestsaz géif ageféiert gi fir eng Gewerkschaft, déi 20% géif erreechen. Et ass geschwat ginn iwwert d'Abteiwahlen. A

mir haten och eng länger Diskussioun iwwert d'Ver-einfachung fir dat Ganz an de Betriber. Dat ware d'Punkten, iwwert déi sech déi deemoleg CSV/LSAP-Koalition geenenegt hat. An doropshin ass och den Dépôt hei gemaach gi vum Aarbechtsminister de 25. Februar 2013.

Den éischten Avis, deem elo vir war... An do muss ech soen, déi hunn do héchstwahrscheinlech Dag an Nuecht geschafft, well de 25. Februar huet den Aarbechtsminister den Dépôt gemaach. Den 8. Mäerz, dat heescht genau zwielef Deeg drop, huet schonn d'Chambre des Salariés..., net dass elo schonn ee vläicht virdru mat deene geschwat hätt, ech weess et net, mä vum Dépôt bis dohinner sinn do net manner wéi zéng Deeg vergaangen, do konnte se en Avis vun iwwer 40 Säiten virléien, mat Neformulatiounen, mat Remarques, dass si net kéinten averstane sinn, dass si am Prinzip averstane wiere mam Avis, mä dass se awer mat verschiddene Problemer ganz grouss Schwierigkeeten hätten, ënner anerem där Minoritéitsklausel, déi fir si inakzeptabel wier an dass si dat och net wëilten.

Mä ech muss awer soen, dat war awer keng nei Erfindung, well déi 20%, déi stinn am Kollektivvertragsgesetz beim Gesetz iwwert d'Représentativitéit vun de Gewerkschaften. Do kommen déi 20% hier. An déi 20% waren eis deemools un d'Häerz geluecht ginn, wéi et Schwierigkeete gi war mam neie Kollektivvertragsgesetz vum Bureau international du Travail. An du sinn déi 20% och an d'Kollektivvertragsgesetz ageschriwwen ginn, soudass dat keng nei Erfindung war, mä dass déi 20% schonn am Aarbechtsrecht dach awer vorhande waren.

D'Chambre de Commerce, déi war net esou séier wéi d'Chambre des Salariés, déi huet de 25. Abrëll - déi huet also fënnf Woche méi laang gebraucht - vill méi e klengen Avis gemaach. An den Haaptpunkt, deem drasteet, de 25. Abrëll 2013, ass: «maintenir le comité mixte d'entreprise» Dat war d'Haaptausso vun der Chambre de Commerce, déi gesot hunn: Mir hätte gären, dass d'Comité-mixte bestoe bleiwen. Well d'Comités mixtes fir si fruchtbar gewiescht wieren, d'Chambre de Commerce - an den Här Gramegna huet den Avis nach ënnerschriwwen deemools mat senger Kap vun deemools -, dass et wichteg wier an hiren Aen, dass de Comité mixte géif bestoe bleiwen an dass se iwwerrascht wieren, dass d'Ver-einfachungen, déi si sech virgestallt hätten, déi an deem Gesetz géife kommen, awer net do wieren an dass dat sech op e Minimum géif reduzéieren.

Ech muss awer och fairnesshalber soen: Dat war keen Avis eleng vun der Chambre de Commerce, mä dat war e gemeinsamen Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, deem déi gemeinsam gemaach hunn.

De Statsrot, eis héich Kierperschaft, huet bis den 2. Juli 2013 gebraucht an huet dunn en Avis ofginn, wou se da schreiwen, direkt bei der genereller Aféierung, dass se awer iwwerrascht wieren iwwer alles dat, wat mer do géife maachen, an dass do en zimlech groussen Duerjernee géif gemaach ginn, och mat den Texter a mat de Formulatiounen, dass do Répétitiounen géife stattfannen a verschiddenen Artikelen, déi een iwwerhaupt net bräicht ze änneren.

A si hunn awer bei där Minoritéitklausel, déi jo och elo awer erëm am Nachhinein geännert ginn ass, keng Opposition formelle gemaach. Si hu just geschriwwen, dat wier dann héchstwahrscheinlech e Choix politique, mä si géife sech deem net opposéieren, well herno vläicht do soss Leit gemenzt hätten, of wier de Statsrot gewiescht, deem dat gären ofgeschafft hätt. De Statsrot huet dat net verlaangt.

Duerno, also den 2. Juli, eng Woch méi spéit, hate mer heibannen eng Debatt, déi derzou gefouert huet, dass mer dräi Méint méi spéit Neiwahlen haten. An doduerch lounge dee Projet jo dann och eng gewëssen Zäit op der Säit am Tirang. An dunn ass eng nei Regierung komm, an déi nei Regierung huet Amende-menter gemaach. De Comité mixte gëtt weider ofgeschafft. D'Abteiwahlen sinn ewech. D'Minoritéitsklausel beim Crédit d'heures gi gestrach.

Dat sinn elo déi Haaptpunkten, well bei deem aneren wëll ech dat net widerhuelen, wat den Här Arndt schonn exzellent erkläert huet. Dat waren déi Punkten, déi ofgeschafft gi sinn. Beim Comité mixte wier et esou, dass künfteg d'Exekutiv oder de Bureau vun der Delegation déi Chargé géif iwwerhuelen an dass ee vun enger minoritärer Gewerkschaft opgrond vum Proporzsystem och do géif mat bäikommen. Dat géif sech all Kéiers dann am Prorata opdeelen, well do ass en extraen Tableau, wéi grouss déi Exekutiv ass.

Am Ufank ass et: President, Vizepräsident a Sekretär. Ab 400 erweidert dat sech ëm eng Persoun. Ab 600 erweidert dat sech ëm zwou





Persounen, dräi Persounen a véier Persounen, déi an deem Bureau sinn. An all Kéiers kéim fir d'Froe vum Comité mixte, een Delegéierten, wéi en haut heescht, op d'mannst ee vun der minoritärer Gewerkschaft, derbäi, wann déi am Kader vum Proporz dat zegutt huet.

Dat kann derzou féieren, an deene ganz grouss Betriber, dass et siwe géint ee gëtt, wann Der nämlech eng Kompositioun hutt, deemno, wat erauskomm ass a wann et Koalitiounen sinn, kann et do sinn, dass och eng Gewerkschaft, déi méi Prozenter erreecht huet, notament vläicht an der Siderurgie awer kéint ausgebaut ginn, wa sech do géif eng grouss Koalitioun maachen. Mä déi Aart Kompositioun gëtt et just an der Siderurgie a bei der Goodyear. Bei all deenen anere sinn net esou grouss Chifferen derbäi.

Dunn hu mer och grouss Diskussiounen gefouert an der Kommissioun, wou ech och nach eng Kéier wëll deenen zwee, déi dat ëmmer hu misse schreiwen, den Här Bisenius an d'Madame Sonnetti, Merci soen, well ech hu mer nach eng Kéier erlaabt, all déi Rapporten ze liesen. An an all deene Rapporten si ganz interessant Saachen dran. Den Här Engel kennt se all auswendeg, well hien huet se ënnerschriwwen.

Do ass emol an deem éischten... Dunn hu mer gesot... Den 1. Oktober 2014 huet d'CSV matgedeelt, dass se opgrond vun deenen Ännerungen, déi géife virleien, déi déi nei Regierung gemaach hätt, Schwierigkeiten hätt, dee Wiessel vun der Philosophie ze verstoen an dass dat och fundamental Ännerunge géif matbréngen, well de Konsens wier deemools op deem gesamte Pak gewiescht. Dat ass nozeliesen am Procès-verbal vum 8. Oktober 2014, wéi déi Deklaratioun vun eise Säite gemaach ginn ass, wou mer gesot hunn: „Dat do ass net méi dee Projet, dee mir an der Regierung an deemools an der Koalitioun matgedroen hunn.“

Wann een déi Rapporten liest, gesäit een och, dass net nëmmen d'CSV ganz vill kritesch Froe gestallt huet, mä och aner Politiker vun der Majoritéit. Ob déi mat deem Projet zefridde sinn oder net, dat gesi mer beim Vote herno. Mä op alle Fall, och do si vill Froe gestallt ginn. An et ass sécherlech och interessant, do verschidde Saachen ze liesen.

Och am Procès-verbal vum 22. November steet dran, dass et eng Kéier wichteg wier, dass eng Propos gemaach gi war, dass d'UEL, d'Union des Entreprises Luxembourgeoises, géif an d'Chamberskommissioun geruff ginn, fir dass se da kéint de vive voix erklären, wou hir Problemer sinn, well do ëmmer heiansdo um Radio Meenungsverschiddenheete waren, ob d'Patronat fir d'Ofschafung vum Comité mixte war oder net. Dann huet erëm deen een e Communiqué gemaach oder deen aneren.

An du loung eng Demande vir an déi ass den 22. November ofgestëmmt ginn. Siwe Leit waren dergéint, dass se géife geruff ginn. Dat war d'Demokratesch Partei, dat war d'Lëtzebuerger Sozialistes Aarbechterpartei an dat waren déi gréng. A jo gesot hunn deemools d'Chrëschtlech Sozial Vollekspartei an déi Lénk, déi gesot hunn, si hätten gären, dass d'UEL géif an d'Chamberskommissioun geruff ginn, fir kënnen ze erklären, wou si de Problem hu mat deem Avis.

Wann ee 7:6 ënnerläit, ass et kloer, da si se net geruff ginn. An darselwechter Sitzung ass et och ëm eng Ofstëmmung gaangen ëm de Crédit d'heures an d'Minoritéitsklausel. Och do huet eng Ofstëmmung stattfonnt. An déi ass ausgegangen: siwe géint fënnef. Et waren d'LSAP, d'DP an déi gréng, déi derfir waren, fir dass den Amendement géif bäibehale ginn. D'CSV huet gesot: „Mir maachen dat net mat. Mir hätten gären, dass den ursprénglechen Text, datt deen 20% erëmkritt.“ Déi Lénk waren net méi dobannen. Do hat de Verrieder vun déi Lénk aus perséinlechen Ursaache gesot, hie géif net un der Ofstëmmung mat deelhuefen.

Dee ganze Problem, deen ech domadder hunn, an ech hat schonn eng Kéier hei mam Nicolas Schmit en „Fight verbal“, dat ass deen, dass, wa mer vu Crédit d'heures an der Gewerkschaftsszen schwätzen, da vergläichen ech dat mam Congé politique bei der Gemeng. An do wësst Der alleguerten heibannen, wéi dat fonctionnéiert mam Congé politique: Deemno wéi grouss d'Gemeng ass, huet de Buergermeeschter esou vill Stonnen, e Schaffen esou vill Stonnen an de Conseiller esou vill Stonnen.

► **M. Roberto Traversini** (déi gréng).- Ni genuch!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Den Här Traversini seet: „Ni genuch.“

(**Interruption**)

D'Madame Hemmen schléisst sech un.

(**Interruption**)

Dat sinn déi Stonnen, déi de Leit zur Verfügung stinn, fir déi ze kréien. De Buergermeeschter an

de Schaffen hu méi, si hu jo och eng aner Verantwortung. Mä bei de Conseillere ass et egal, ob s de Oppositionen bass oder Majoritéit. All Conseiller huet déiselwecht Stonnen zegutt. Et ass just en Ennerscheid bei der Gréisst vun der Gemeng, awer net, dass op eemol nëmmen d'Conseillere vun der Majoritéit eppes hunn an déi vun der Opposition net.

Bei der Delegatioun géif dat awer elo aneschtens ginn. Fir d'Éischt géif zwar d'Zuel an d'Luucht gesat ginn, dass d'Base de calcul 40 Stonne bei 250 erreecht wier an dass een awer da vun 250 un eleng géif do sëtze mat 40 Stonnen. Dat heescht, wann ee 50,1% am Resultat huet, dee kritt de Crédit d'heures all, an déi zwee oder een eleng, deen 49,9% huet, dee geet eidel aus.

An déi Regel bleift bestoe bis bei 1.000 Leit. Fréier war et 1.500. Déi ass och erofgesat ginn, vu 1.500 op 1.000. An dann ass de Kader, wou eng national representativ Gewerkschaft erëm d'office e Mandat kritt. An et ass domadder, wou ech e Problem hunn, an net nëmmen ech, pardon, mä eis Fraktioun e Problem huet.

Mir hunn do e Kompromiss gemaach gehat, wou mer deemools gesot hunn: Mir kënnen dee Wee matmarschéieren, och wat dann d'Ofschafung vum Comité mixte ubelaangt, well du muss jo d'Méiglechkeet hunn, déi Dossieren ze studéieren! De Crédit d'heures ass jo net nëmmen do, fir dass ee kann duerch de Betrib goen, dass e kann u gewerkschaftleche Manifestatiounen deelhuefen, mä en ass jo och do, fir am Betrib sech mat sengen Dossieren ze beschäftegen, esou wéi dat och bei engem Gemeengeconseiller, esou wéi dat och bei engem Schaffen a wéi dat och bei engem Buergermeeschter de Fall ass. An dat wier bei deene Leit hei net méi de Fall.

Wuel wëssend, am Crédit d'heures zielen net déi Stonnen, déi s de brauchs, fir an d'Sitzung ze goen. Déi sinn à part. Net dass een do elo eng Konfusioun mécht. Déi Stonnen, déi s de brauchs, fir an d'Sitzung ze goen, déi bleiwen erhalen, mä du hues awer fir de Rescht keng méi zegutt, déi am Betrib sinn. Bei all deene Leit iwwer 250 Leit, do ass kee Crédit d'heures do fir déi. 50,1 kritt alles, 49,9 kritt näischt. An dat ass dat, firwat mir dee Projet hei net kënnen matdroen.

Ech wëll awer och soen: Am Avis complémenteaire vun der Chambre de Commerce de 4. Juni vun deem Joer, do schreift d'Chambre de Commerce, dass se emol, éischstens, iwwerrascht wier, well se versprach kritt hat, an dat steet och am Procès-verbal vum 12. November, se géif eng Kéier schréftlech alles zougestallt kréien a kéint en Avis dozou ginn, dass dat ni geschitt wier. Dat soen net ech, dat schreift d'Chambre de Commerce an hirem Avis, dee se de 4. Juni 2015 eraginn huet.

An dann am Avis vun der Chambre des Métiers, do steet dann - deen ass den 2. Juni komm an et war e bëssen enk fir den Här Arndt, dee ganz mat ze verschaffen am Rapport, well du ware mer schonn amgang, um Rapport final ze schaffen -: «La Chambre des Métiers est d'avis que ce projet génère en soi le risque d'un blocage du dialogue social.» Dat schreift net d'CSV, dat schreift d'Chambre des Métiers, wou se drop hiweist, dass, wann een dat alles géif maachen, dat kéint e Blocage hierstellen.

D'Chambre des Métiers schreift och, dat ass den Artikel 415, dat ass dee mat der Minoritéit vun de Gewerkschaften, dass dat géif risquéieren, de gudder Fonctionnement vun der Delegatioun ze beanträchtegen an dass dat net den Esprit wier vun der Reform vum Dialogue social, esou wéi si sech dat géife virstellen. Dat hunn och net ech gesot, dat steet am Rapport vun der Chambre des Métiers vum Här Tom Wirion a vum Här Roland Kuhn. Also, dat ass elo net, dass ech an de Verdacht kommen, dass ech dat do soll do drageschriwwen hunn, mä dat steet esou do mat dran.

An da steet souguer nach an deem Avis: „le non-respect du principe démocratique“. Dat schreift d'Chambre des Métiers, déi schreift, dass op Gewerkschaftssäit dat do géif dozou féieren, dass d'demokratesch Prinzipien net méi gewahrt wieren.

Also, da muss ech lech awer soen, da kann et jo awer net esou sinn, dass déi Leit vun der CSV an déi Leit vun anere Gewerkschaften, déi sech dergéint opposéieren, dass déi esou fälschlechen, wann och nach zwou Patronatschambere soen, et wier anescht!

Dofir kann ee sech d'Fro stellen, och wann ech weess, dass ech dann den Här Minister ëmmer trëppelen, ob dat Ganz net e Merci ass, e Merci ass vun der Regierung un den OGB-L,...

(**Interruptions**)

...well den OGB-L bei de Wahle vun 2013 en Opruff gemaach huet, d'CSV net méi ze stëmmen.

► **Une voix**.- Très bien! Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Déi Fro kann ee sech stellen. Well et si jo net nëmme mir, déi eis déi Fro stellen, mä et ass jo awer hei och an de Beruffschambere vum Patronat, déi soen, dass dat do eng antidemokratesch Haltung wier an dass d'Prinzipie vun der Demokratie mat deem do Gesetz net méi géife respektéiert ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

(**Interruption**)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mä dat ass jo net fir d'Éischt, Här Engel! 1979, Här Fayot, hunn d'DP an d'LSAP schonn eng Kéier datselwecht gemaach. Horgenu datselwecht! An dat war d'Gesetz iwwert d'Ausschusswahlen 2284 vun 1979. An dat Gesetz ass sechs Méint drop geännert ginn, well dann eng aner Regierung do war, déi gesot huet: Dat kann net sinn, dass mer domadder weiderfuere! Ech wëll awer och soen, dass dee Projet de loi net den Aval direkt kritt hat vum Statsrot, mä en huet misse duerch den zweete Vote goen, fir dass déi Ännerung konnt stattfannen.

Et bleift also dat Ganzt fir mech awer komesch, dass op eemol déi Ännerungen alleguerte komm sinn, dat, wat virum Oktober 2013 nach alles an der Rei war, dass dat dann op eemol nom Oktober 2013 alles falsch war, alles aneschtens ass an dass, wann d'Beruffschambere vum Patronat sech a) wonneren, dass se net consultéiert gi sinn an der zweeter Phas an dass se déi Froen net kritt hunn, a b) dann och nach soen, dat hei wier awer en antidemokratesch oder ondemokratesch Virgoen, da wëll ech soen, wann een ëmmer gebläert huet...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Wien?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Oh, Madame Loschetter, Dir sidd elo just eréischt erakomm, Dir hutt den Ufank net matkritt. Dofir ass et schweier, dann och elo eng Diskussioun mat lech ze féieren.

(**Brouhaha général**)

Dofir wëll ech just soen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Just den Här Spautz huet d'Wuert elo, wann ech gelift!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...wann hei gebläert ginn ass 2013: „D'Fënsteren op! Mir brauche méi Demokratie heibannen!“, dann, mengen ech, hunn déi Leit dat vergiess, well dee Projet hei ass antidemokratesch a kann d'Zoustëmmung vun der CSV net kréien.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Sou eppes mécht d'DP mat!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Spautz. An ech géif dann a senger Eegenschaft als Fraktiounssprecher den Här Frank Arndt erëm eng Kéier opruffen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- An dat an där Hëtzt!

► **M. Frank Arndt** (LSAP).- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Vill drénken, vill drénken!

► **Une voix**.- Da wëlle se nach d'Fënsteren opmaachen.

► **M. Frank Arndt** (LSAP).- Bon. Ech wëll mengem Virriedner totzdeem Merci soen. Ech mengen, et gehéiert zu enger Demokratie,...

(**Interruptions**)

► **Une voix**.- Dir sidd ze gutt!

► **M. Frank Arndt** (LSAP).- Neen, et muss een dat och respektéieren. Et gehéiert zu engem Demokratieverständnis, wann een net darselwechter Meinung ass, an dat hu mer an der Kommissioun kloer diskutéiert, an et konnt een awer duerno sech an d'Gesicht kucken an et huet ee sech net vernannt a gejaut. Ech mengen, dat gehéiert och dozou. An dat ass och geschitt. Mir hu verschidde Meinungen dozou. An dofir ass et och esou, datt mer verschidde Faarwen heibanne sëtzen hunn. Soss wier et e bëssen einfach.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Vergiesst net, dem Rapporteur Merci ze soen!

(**Hilarité générale**)

► **M. Frank Arndt** (LSAP).- An ech géif dann och hei profitéieren, wéi den Här Gibéryen mer et da seet, dem Rapporteur, deen déi Kap dann ofgedoen huet, och Merci ze soen. Merci, Här Gibéryen!

(**Hilarité**)

Mä trotzdeem, als LSAP begrëisse mir, datt d'Delegatiounsgesetz, dat vun 1979 dann, haut an eisen Ae moderniséiert gëtt. Deemools ass sech virun allem un industriell Produktiounsbetriber orientéiert ginn. Dës Ämännerungen, déi mir haut hei virhuelen, droen de Verännerunge Rechnung, déi an der Aarbechtswelt, an der Wirtschaft iwwert déi lescht 36 Joer geschitt sinn.

Dës Reform vum Gesetz ass néideg, well et un d'Realitéteit vun haut ugepasst gëtt an d'Méiglechkeete verbessert, fir datt dee Sozialdialog ee Kader gesat kritt, wou e souwuel d'Patronats- wéi och d'Salariatsinteressie méi effizient a besser kann ëmsetzen.

Wann een d'Definitioun vum Sozialdialog nokuckt, ass et esou, datt fir de Bureau international du Travail all Form vu Verhandlungen, Consultatiounen oder Austausch vun Informatiounen iwwer Sozial- a Wirtschaftspolitik, déi tëschent de Regierungsvertreeder, de Patronen an den Aarbechter stattfënnt, ënnert de Begrëff vum Dialogue social fält. Et ass dëst dat bescht Instrument, fir d'Liewens- an d'Aarbechtskonditiounen ze verbessern a fir eng besser sozial Gerechtegkeet ze garantéieren. A ville Beräicher verbessert den Dialogue social d'Gouvernance vun de Betriber a mécht d'Ekonomie an eiser globaliséierter Welt méi kompetitiv.

Wat fir eng Form vu Sozialdialog ginn et dann? Dee kann e puer Formen unhuelen.

Éischstens, Verhandlungen. Kollektivvertragsverhandlungen sinn déi heefegst Form vum Sozialdialog. Sozialpartner kënnen Kollektivvertragsverhandlungen um Niveau vun de Betriber ophuelen oder um Niveau vum Secteur vun der Region, national oder multinational.

Consultatiounen: Et handelt sech hei éischter ëm eng Prozedur, wou d'Partner bereet mussen sinn, hire Point de vue ze deelen. Wa se dann zu engem méi déiwen Dialog kënnen féieren, kann doraus een Accord entstoen. Verschidde Consultatiounen dänge just dem Informationsaustausch, anerer gi mam Auftrag gemaach, fir en Accord tëschent zum Beispill Regierungsvertreeder, Patronat a Salariéen zu engem bestëmmte Sujet ze fannen.

Da schlussendlech den Informationsaustausch. Dat ass d'Basis vum Sozialdialog an et stellt net viraus, datt eng Debatt soll gefouert ginn oder datt eng Aktioun soll ënnerholl ginn. Duerch den Informationsaustausch kann de Sozialdialog stattfannen an Décisiounen geholl ginn.

De Sozialdialog an anere Länner huet seng Wuerzelen an der Liberté syndicale an am Rescht vum kollektive Verhandelen. Et ass awer an all Land anescht, well en dem kulturellen, wirtschaftlechen a politesche Kontext vun all Land ugepasst ass. Et gëtt also net nëmmen ee Modell vu Sozialdialog.

Wéi eng Roll spillen dann d'Sozialpartner, fir de Sozialdialog ze stäerken?

D'Salariéen an hir Gewerkschaften spille mat de Patronen an der Regierung d'Haaptroll am Sozialdialog. Fir datt de Sozialdialog iewer fonctionnéiert, muss verschidde Bedéngungen erfëllt sinn, wéi zum Beispill d'Liberté syndicale an d'Recht, fir Kollektivvertragsverhandlungen ze féieren. Ënnert deene Bedéngunge kann de Sozialdialog d'Intérète vun de Salariéer verteidigen an d'Demokratie a gutt Aarbechtsbedéngungen op der Aarbecht garantéieren.

De Sozialdialog huet och bewisen, datt en enger globaler Welt d'Ännerunge vum Aarbechtsmarché hëlleft, besser ze generéieren, well en ëmmer erëm de Konsens an d'Stabilitéit als Haaptzil huet. Doduerch kënnen d'Aarbechtsbedéngunge konstant verbessert ginn, an duerch Kollektivvertragsverhandlungen konnte scho vill Fortschréttler gemaach ginn, wat d'Sécherheet, d'Gesondheet vu Salariéen ugeet, wat d'sozial Ofsécherung an d'Fortbildung betrëfft. Duerch d'Aarbecht vun de Gewerkschaften konnten d'Liewensqualitéit an d'Égalitéit an der Gesellschaft och verbessert ginn.

Fir d'Patronen: D'Patronatsgewerkschaften vertrieeden d'Intérète vun hire Betriber an hëlfefen dem Land, déi richteg Bedéngungen ze erfëllen, fir seng Ziler ze erreechen, wat den Emploi, d'Croissance ugeet. Si suergen derfir, datt de Rendement an d'Luucht geet, andeems se zum Beispill Formatioun fir d'Betriber ubidden.

D'Regierung net ze vergiessen! D'Aarbechtsadministration huet zwou Rollen am Sozialdialog ze spillen: eng Kéier als Promoteur. Si suert derfir, datt de Sozialdialog an ideale Konditiounen stattfanne kann an datt déi gesetzlech





Prozeduren agehale ginn. An zweetens als aktiven Akteur. D'Administratioun stellt Instrumenter zur Verfügung, déi de Sozialdialog fërdere. Si kann och aktiv um Sozialdialog deelhuelen, fir den Austausch ze verbessere. Fir d'Ennerstëtzung fir hir Politik ze fannen a fir hir Ëmsetzung.

Wéi déi deemoleg CSV/LSAP-Regierung 2009 ugekënnegt huet, eng Reform ze maache vum Personaldelegatiounsgesetz, war d'Iddi déiselwecht, wéi se haut ass, wou mir dësse Projet de loi haut hei och diskutéieren an herno zur Ofstëmmung brénge wäerten.

Déi éischt grouss Reform ass um Enn vun den 1970er Jore gemaach ginn. Ech mengen, ech fänken elo net méi un, dat nach eng Kéier opzezielen. Den Här Spautz huet dat richteg gesot schonn alles. Mä wat deemools nach richteg war, ass haut net méi zäitgeméis a muss nogebessert ginn. An dat heescht natierlech, ech hunn et virausersot, Kompromësser ze fannen. Wann een deem aneren nëmme schlechte Wëllen ënnerstellt, da kënnst een net weider. Et kann nëmme zesummen no Weeër gesicht ginn, wann et Problemer an engem Betrieb ginn.

Ech ginn lech e Beispill, well ech eben aus dem Betrieb kommen, vun enger Fabrik, déi am Véierschichtsystem geschafft huet. Beim Véierschichtsystem muss ee sech virstellen, datt all Weekend, all Feiertag fort ass. Ech denken un d'Klinicken. Dat gehéiert zu eiser Gesellschaft dozou. Mä wann ee siwen Deeg op d'ärselwechter Schicht muss schaffen, nom selwechte Rhythmus muss schaffen, de Kierper passt sech dësem Rhythmus un, wat u sech schlecht ass. D'Sozialliewen op der Mëtteschicht leeft laanscht een. Dir hutt keng Méiglechkeet, wann Der am Sportsveräin sidd oder a kulturell Veräiner sidd, owes deelehuelen. Et bleiwen och Krankmeldungen net aus doduerjer, datt eben déi siwen Deeg hannereenen Nuetschicht oder Mëtteschicht, Fréischicht muss geschafft ginn.

Do huet sech d'Delegatioun mat der Direktioun un een Dësch gesat an no Léisunge gesicht. An de Virschlag ass och gemaach ginn, ee Modell auszeschaffen, deen herno och funktionnéiert huet. Dat heescht, et ass opgespléckt ginn. Et schafft een elo an engem anere System. Et fänkt ee mat dräi Deeg Fréischicht un, zwee Deeg Mëtteschicht, zwee Deeg Nuetschicht. Déi Schicht duerno ass dann zwee fréi, dräi mëttes an zwee nuets, an déi lescht ass dann eben zwee fréi, zwee mëttes an dräi nuets.

Firwat soen ech dat? Do ass mam Patron gekuckt ginn, fir eng Léisung ze fanne fir e Problem, deen do war. Déi ass fonnt ginn. Dee Problem ass op deem Niveau geléist ginn, ouni grouss Hëllef mussen ze kréien, an et huet der Qualitéit, kann ech soen, wierklech der Qualitéit vum Betrieb an dann och dem Ëmsetzen, wat d'Leit haten, fir sech an de Betrieb eranzesetzen, nëmme gehollef.

Also, ech wëll lech domat soen, Kompromësser mussen gesicht ginn, déi solle gesicht ginn an déi kënnen am beschten an de Betriber och esou erëmfonnt ginn. Also, Qualitéit an Effikasitéit vum Sozialdialog sinn decisiv Facteur fir eng, fir mech, kompetitiv Economie.

Ech weiss och, datt dës Approche net jiddwereen deelt. Mä kuckt d'Länner, wou de Sozialdialog funktionnéiert! Ech mengen, mir Lëtzebuerger als Beispill hunn e soziale Fridden. Ech denken, et ka keen nee soen. Wat kaschten dann déi Streiken, déi ronderëm eis Länner do

sinn? Wann op der Bunn gestreikt gëtt an Däitschland oder an der Belsch, da rege mir eis och op, mä, Gott sei Dank, déi Problemer hu mir net, well mer nach ëmmer de Sozialdialog héichhalen an och dann do Léisunge fannen.

Erlaab mir awer och, op d'Betriber anzegoen, déi keng Delegatioun brauchen, well se manner wéi 15 Leit do schaffen hunn. An deene Betriber ass et jo oft esou, datt de Patron an d'Aarbechter am aldeegleche Geschäft zesummen am selwechte Beruff schaffen. Dat ass jo och dann oft esou, datt se a wierklech gudder Relatiounen ënnereneen eens ginn an hir Aarbecht vun éischter gudder Qualitéit ass. Mä dat ersetzt awer net e strukturéierten Austausch iwwer Sujete betreffend déi gesamten Aarbechtsbedingungen an der wirtschaftlecher Lag vum Betrieb, dat, wat mir elo de Mëtten hei de Sozialdialog nennen. Do soll ee kucken a muss ee kucken, wéi een dat - an ech wëll elo just en Ausrufezeechen setzen - eventuell besser strukturéiere kéint.

D'Comité-mixten: Do ginn ech dem Här Spautz dann elo net esou recht; dat ass jo vläicht och normal. Och d'Ofschafe vu Commissions mixtes ass net als soziale Réckschritt ze betruechten. Am Géigendeel! D'Matbestimmungsrecht vum de Commissions mixtes war bis elo ausschliisslech an den Industrie-, Handwierks- an Handelsbetriber virgesinn, wéi hien dat och selwer gesot huet. Elo gëtt et awer erweidert op all Betriber mat iwwer 150 Aarbechtsnehmer, egal wat fir eng Rechtsform dee Betrieb huet. Dat heescht, et ginn a ville Betriber paritéitesch Matbestimmungsrechter agefouert, wou bis elo keng existéiert hunn, wéi zum Beispill am öffentlechen an am konventionéierte Secteur.

D'Delegatiounen am Betrieb: D'Delegatioun gëtt gewielt a Betriber, do weiss een, dat si Leit, déi gehéieren enger Gewerkschaft un, mä et ginn der och gewielt, déi kenger Gewerkschaft ugehéieren. Mä wann dann d'Delegatioun bis gewielt ass, dann ass et wéi an enger Gemeng, dat ass richteg. Dann ass et net de Schäfferot vun enger Partei, Fraktioun oder enger Gruppéierung, mä et ass de Schäfferot vu sämtleche Bierger aus senger Gemeng.

Firwat soen ech dat? Ma well ech der Meenung sinn, datt am Kontext vum Crédit d'heures dee fräigestallten Delegéierten deen ass, dat kann een egal aus wellecher Gewerkschaft sinn, deen d'Interessie vun der Belegschaft aus dem Betrieb muss a soll verteidegen, an net d'Meenunge vun de jeeweilege Gewerkschaften. Ech schlësse meng Gewerkschaft do mat an. D'Denken, fir dat d'Gewerkschaft sech kënnen manifestéieren, dofir ginn et aner Plazen. An et kann och net sinn, datt am Betrieb Gewerkschaftspolitik gemaach gëtt an dat op d'Käschte vun der Belegschaft.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Frank Arndt (LSAP).** - Duerfir ginn et Wahlen an do kritt een eng Majoritéit. An nach eng Kéier: Déi Gewerkschaft kann XY heeschen an huet dann de Crédit d'heures zegutt, wéi dat elo am Projet de loi festgehalen ass.

Wat sinn dann d'Avantagen - awer nach eng Kéier kuerz wëll ech déi oplëschen hei - fir den Aarbechtsnehmer bei dësem Projet de loi?

D'Delegatiounsinformatiounsrechter, fir sech besser ze beroden: Den Delegéierte ka sech fräi am Betrieb bewegen an och déi elektronesch Mëttel vum Betrieb benotzen. De Schutz vun Entloossunge gëtt verbessert. D'Delegatiounen mat 51 Aarbechter kënnen op Beroder zrëckgräifen;

elo waren dat der 150. Méiglechkeeten, een Delegéierte fräizestelle scho vun 250 Aarbechtsnehmer un; virdru waren dat der 500.

Ech mengen, dat si genuch Argumenter mat deem Rescht, wat am Gesetz steet, fir datt ech hei d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ka ginn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Arndt. An nächst Riednerin ass d'Madame Joëlle Elvinger.

■ **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Dialogue social huet zu Lëtzebuerg eng grouss Traditioun, souwuel tëschent Regierung, Patronat a Gewerkschaften wéi och an eise Betriber. De Sozialdialog gehéiert zum Erfolgrezept, dat eist Land säit esou ville Joren auszeechent. Mir hu geléiert, datt een zesummen oft méi erreeche ka wéi eleng an datt de Sozialdialog, wa richteg ausgefouert, dem Allgemengwuel, also dem Wuel vu jiddwerengem dëngt.

De soziale Fridden ass immens wichteg fir jiddwereen an eisem Land. Glécklecherweis kenne mir zu Lëtzebuerg, grad weinst eiser Traditioun vum Dialog, keng Streikkultur wéi an eisen Nopeschlänner.

D'Wichtigkeet vum Sozialdialog a vum soziale Fridde gëllt och fir eis Entreprene. Zefridde Mataarbechter, déi sech eescht geholl fillen, risquéieren net nëmme, net op d'Strooss ze goen, mä sinn och vill méi produktiv, well se gär an hirem Betrieb schaffen. De soziale Fridde schafft och Aarbechtsplazen. Dat gutt Aarbechtsklima zu Lëtzebuerg an d'Raritéit vu sozialen Onrouen hu scho méi wéi eng auslännesch Firma op Lëtzebuerg gelackelt.

Wat geschitt, wann de Sozialdialog net richteg funktionnéiert, gesi mir de Moment an Däitschland, wou mat der Bunn, der Post an de Crëchen dräi grouss Betriber respektiv Servicier gestreikt hunn, respektiv nach ëmmer streiken. Esou ee Streik geet net nëmme op d'Laaschte vum jeeweilege Betrieb oder de Salariéen, mä betrëfft dat ganz Land. D'Leit kommen net méi op hir Aarbechtsplaz, well keen Zuch méi fiert oder d'Kita net méi op d'Kanner oppasst, an Honnerten Entreprene, déi op de Gidderverkéier oder d'Post ugewise sinn, brécht den Émsaz ewech, wat weider Konsequenze mat sech bréngt.

Matenee schwätzen am Plaz vu géintenee schaffen: Dat kléngt no gesondem Mënscheverstand, ass awer net ëmmer an iwwerall selbstverständlech. An dat gëllt fir déi zwou Säiten!

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Wéi an all System gëtt et där Gudder an där Schlechter. Mir mussen awer vum Image ewechkommen, datt all Patron nëmme dat Schlecht fir seng Leit am Sënn huet a just op säin eegene Profit aus ass, ouni selwer eppes dofir ze schaffen. E gudder Patron, an där hu mer der ganz vill zu Lëtzebuerg, weess, datt hien op seng Leit, déi bei him schaffen, ugewisen ass, an ass drop beduecht, eng Ambiance a sengem Betrieb ze erhalen.

Et ass och näischt Schlechtes, wann e Patron ëm d'Entwécklung vu sengem Betrieb besuergt ass. Jo, d'Rechter an d'Intérète vun den Aarbechtsnehmer sinn immens wichteg a mussen verdeedegt ginn. Loosst eis awer net vergiesse, datt och den Aarbechtsgeber net verno-léissegst därfer ginn, well et ass hien, wéi den

Numm et scho seet, dee fir d'Aarbechtsplazen a soumat de Wuelstand fir eis Awunner suergt a Verantwortung dréit. Dofir brauch et e kohärente Kader, deen et all de betraffenen Akteuren erlaabt, hir Roll am Sënn vum Allgemengwuel ze spillen.

Dee Kader muss sech natierlech regelméisseg der Entwécklung vun der Wirtschaft upassen, fir neie Gegebenheeten an den Entreprisë gerecht ze ginn. Vu datt déi aktuell Legislatioun iwwert den Dialogue social aus de 70er Jore staamt, och wa se dertëscht eng Kéier kuerz amendéiert ginn ass, ass et also net verkéiert, déi verschidden Dispositiounen aus dem Code du Travail op de Leescht ze huelen an op hir Effikasitéit an der heiteger Zäit ze präiwen.

Dëst gouf mat dësem Projet de loi gemaach, deen nach vun der viregter Regierung ausgeschafft an déposéiert gouf. Ech verstoppen net, datt et an der Vergaangenheet déi eng oder aner DP-Kritik un dësem Projet de loi gouf. Virun allem eng ze opwendeg Prozedur a Mesuren, déi verschidden Entreprene iwwerproportional par rapport zu hirem Notze belastschen, waren an eisen Aen net vertriebbar. Dofir ass d'Demokratesch Partei jo och frou, datt mat verschiddenen Amendementer Verbesserungen an deem Sënn erreecht konnte ginn. Ech denken hei virun allem un déi zousätzlech aacht Stonne fir de Syndicat minoritaire, déi net méi am Projet de loi dra sinn.

Och d'Patronatsverbänn an och déi eng oder aner Gewerkschaft hunn net mat Kritik un dësem Projet de loi gespuert. Esou gëtt zum Beispill vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers gefaart, datt de proposéierte System zu staark erhéichte Käschte virun allem fir kleng a mëttelgrouss Betriber, déi fir 130.000 Aarbechtsplaze Verantwortung droen, féiere wäert. Hei gi virun allem de verduebelte Crédit d'heures, d'Eropsetze vun der Zuel vun den Délégués libérés an d'Zrëckgräifen op externen Experte kritiséiert, déi a kenger Relatioun stinn zu deene Stonnen, déi d'Vertrieeder am Comité mixte ënnert dem aktuelle Gesetz an Usproch geholl hunn.

Hei misst een am Règlement grand-ducal op jidde Fall kucken, datt d'Käschte vun den Experten op engem rasonablen Niveau plafo-néiert ginn, dëst virun allem am Intérêt vun deene méi kleng Betriber. Och d'Verlagere vun der Codécisioun a Betriber vum Comité mixte an d'Délégation du personnel féiert zu Kritik, well an Zukunft méi Persounen an d'Codécisioun mat agebonne ginn, wat déi gesond Entwécklung vum Betrieb kéint stéieren. Wa Codécisioun, dann och Koverantwortung.


Des Weidere gëtt gefaart, datt d'Weiderbezu-ele vum komplette Salaire am Fall vun enger Kënnegung vun engem Personaldelegéierten, dee souwiso just weinst Faute grave kann entlooss ginn, kéint zu Abuse féieren. Den LCGB an aner Gewerkschaften hunn dann hirersäits op en Demokratiedefizit am Projet de loi higewisen, well d'Minoritéitsgewerkschaften an engem Betrieb net proportional zu hirem Wahlresultat Mëttelen zur Verfügung gestallt kréien. Och d'ALEBA war mam éischte Jet vum Gesetz guer net zefridden.

Bei all deene Kritikpunkten ass et wichteg, datt a regelméissegem Ofstänn gekuckt an evaluéiert gëtt, ob déi entspriechend Mesuren éischstens hiren Zweck erfüllen, ob zweetens hir Käschten net iwwerproportional héich par rapport zu hirem Notze sinn an drëttens keng Abusen zouloossen, déi esou net vum Auteur vun dësem Projet de loi gewënscht waren. Dëst gëllt an déi

■ L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.



d'Chamber online op  
[www.chd.lu](http://www.chd.lu)





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

zwou Richtungen. Et däerf ee weder bei de Patronen nach bei de Salarieë verallgemengeren.

Et muss och gekuckt ginn, ob an der Praxis virun allem déi méi kleng Betriber net ze vill ënnert dem neie Gesetz vum Dialogue social ze leiden hunn. An enger Zäit, wou ëmmer méi Traditionsbetriber an d'Faillite falen, ass et och eng Aufgab vun der Politik ze kontrolléieren, ob een Deel vun de Problemer, déi dës Betriber hunn, net och op ze strengen Oplage berout.

Et ass also mat dësem Projet de loi esou, wéi et bei ville Reformen de Fall ass: Evaluation ass en onverzichtbaren Outil, deem d'Politik nach méi staark muss uwennen, fir Schwaachstellen ze identifizéieren an ze bestätegen. An dës Evaluation muss no fënnef Joer gemaach ginn. Wann dat geschitt, sinn ech zouversichtlech, datt Lëtzebuerg och an Zukunft e Paradebeispill a Saache Sozialdialog a soziale Fridde wäert sinn. D'Demokratesch Partei ass op alle Fall bereet, de Modell ze verdeedegen, e Modell, an deem souwuel d'Rechter vum Aarbechtsgeber wéi och Aarbechtsnehmer verdeedegt ginn, e Modell, wou matenee geschwat gëtt amplaz géintenee gestridde gëtt, e Modell, aus deem mir all Notzen zéien.

Ech wëll dann och hei op dëser Plaz dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde Rapport a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Madame Elvinger. Als nächste Riedner ass agedroen: den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Merci un de Frank Arndt fir deen ausfëerleche mëndlechen a schrëftleche Rapport zum Projet de loi 6545 iwwert den Dialogue social.

„Mënschlech a kompetent“: Dat ass d'Leitbild vun engem groussen Operateur am Fleegegeschäft hei zu Lëtzebuerg mat bal 2.000 Mataarbechter. An deem huet eis, mengen ech, ganz kloer viru Kuerzem virun Ae gefouert, dass zu Lëtzebuerg den Dialogue social net optimal funktionéiert. Op Décisioun vun deem Opérateur hin an op seng Deklaratioun hin, dass 90 Mataarbechter vum Sozialplang concernéiert wären, sinn d'Gewerkschaften aktiv ginn an hu mat de Mataarbechter manifestéiert, wat dozou gefouert huet, dass gläich dräi Ministere sech dem Dialogue social ugehall hunn a vermëttelt hunn, fir dass do kee Blocage soll geschéien. Dat waren d'Ministesch Corinne Cahen an d'Ministère Romain Schneider an Nicolas Schmit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, dat ka fir Lëtzebuerg jo awer elo net de Modell sinn, dass d'Ministère sech all Kiéiers an den Dialogue social mussen aschalten. An dofir mengen ech, dass et elo un der Zäit ass, fir dat Gesetz vun 1979 zum Dialogue social op de Leescht ze huelen an ze moderniséieren.

Wat ass elo déi gréissten Ännerung an dësem Projet de loi? Ma, et ass eng Neiopstellung vum Dialogue social nom däitsche Modell vum Betriebsrat. Ass deen däitsche Modell elo gutt? Ass dee Modell gutt fir Lëtzebuerg? Ass dat fir Lëtzebuerg ustriewenswäert? Ma, eng staark Verriedung vun de Mataarbechter an den Entreprises dréit, dem Forum économique mondial vun Davos no, dozou bäi, dass si méi kompetitiv sinn a ginn. Eng staark Mataarbechterverriedung huet also en ekonomesche Virdeel. De Forum vun Davos huet e Klassement gemaach vun de kompetitivste Länner, a bei deene fënnef éischte war jeeeweils eng staark Verriedung vun de Gewerk-

schaften an de Betriber virzefannen. Dat ass dach ee ganz interessanten Aspekt an dëser Diskusioun zu dem Projet de loi.

Bon! De Gewerkschaft geet dëse Projet de loi sécherlech net wäit genuch, den Entreprise geet e vläicht schonn ze wäit, a wéi ëmmer am Liewe berout alles op engem Kompromëss.

Wat ass dann alles geschitt säit 1979? Majo, um ekonomesche Plang si ganz vill Annerunge geschitt, wat den Afloss vun de multinationale Betriber hei zu Lëtzebuerg betrëfft, d'Sous-traitance, d'Auslagerung vu Geschäftssparten a Betriber an aner Länner - an europäesch Länner an och net-europäesch Länner -, soudass och de Modell vum Dialogue social eiser Meenung no muss iwwerschafft ginn an als Instrument vum Schutz vun de Rechter vun de Salarieën, awer och als Instrument vun enger besserer Performance économique soll a muss verstane ginn.

An dës Richtung geet och déi Stärkung vun der Délégation du personnel, déi d'Kompetenzen an d'Aufgabe vum Comité mixte iwwerdroe kritt. Nom Modell vum Betriebsrat gëtt et also no dësem Projet de loi eng Vereinfachung a just nach een Usprichpartner an der Entreprise, wat déi Délégation du personnel dann och revaloriséiert.

D'Attributiounen vun der Délégation du personnel - d'Struktur, d'Modalitéiten vun de Wahlen, de Stonnekredit, d'Protektioun vun den Déleguéen an esou weider -, dat ass alles vu menge Virriedner respektiv vum Rapporteur schonn am Detail belicht ginn, soudass ech dorop elo hei géif verzichten.

Ee kleng Punkt wollt ech awer just kuerz erauschielen aus deem Ganzen, dat ass den Délegué jeunes, dee mat dësem Projet de loi ofgeschafft gëtt. Den Délegué jeunes, dat war e Virrieder vun de Mataarbechter an engem Betrib, déi manner wéi 21 Joer haten. Amplaz ass eppes komm, wat mir als Gréng begrëssen: Déi jonk Mataarbechter kréien no dësem Projet de loi dat aktiivt Wahlrecht mat 16 Joer an dat passivt Wahlrecht mat 18 Joer. Mir huelen also mat dësem Projet de loi och déi jonk Mataarbechter am Betrib eescht, an dat ënnerstëtze mir als déi gréng ausdrécklech.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Eng Kritik, déi vun der Chambre des Salaris komm ass, dat ass, dass d'Participatioun vun de Mataarbechter an den Opsichtsreit net an dësem Projet de loi berücksichtegt gëtt - d'Participatioun vun de Mataarbechter also an engem Conseil d'administration.

Wat fir een Impakt huet dat fir Lëtzebuerg? Majo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt dat vläicht gelies am „Lëtzebuenger Wort“ vum Dënschdeg, 30. Juni: „Meyer Neptun GmbH will nach Luxemburg“, „Luxemburgischer Standort soll deutsches AG-Recht umschiffen“.

Ëm wat geet et do? Ma, et ass eng Ukënnegung, dass eng europäesch Wertegrupp hei op Lëtzebuerg wëllt kommen, fir dass se hir Firmestruktur ka bäibehalen: déi vun engem familjegefouerte Betrib. Si hu rezent eng Werft opkaaft a si mussen sech elo als europäesche Grupp nei opstellen. Hinne geet et, hirer Presseerklärung no, net drëm, Steieren ze spueren, dass se wëllen op Lëtzebuerg kommen; si wëllen zu Lëtzebuerg eng Holding grënnen a Form vun enger Société européenne, fir dass si ebe keng Mataarbechter müssen an den Opsichtsrot mat ophuelen.

Wou kënn dat doten elo hier? Majo, Dir musst wëssen, dass an Däitschland et zwee Gesetzter zu dësem Thema gëtt: an dat ass d'Mitbestim-

mungsgesetz vun 1976, dat Betriber mat méi wéi 2.000 Salarieë betrëfft, wou da paritétesch den Opsichtsrot besat ass, respektiv d'Drittelbeteiligungsgesetz vun 2004, dat fir méi wéi 500 Salarieë gëllt, an den Numm vun deem Gesetz seet och, wéi do d'Opdeelung ass am Opsichtsrot. Dat ass also e Wee, deen Däitschland geet, dat awer bekanntlech eng ganz kompetitiv a performant Industrie- an Entreprisestruktur huet.

Dee Betrib hei, deen huet ongeféier 3.100 Salarieën. E wär also ganz sécher ënnert d'Matbestimmungsgesetz an Däitschland gefall an hätt deementspriedend dann eben och missen eng Bedeelegung am Opsichtsrot gewährleeschten.

Bon. All Noriicht ass normalerweis nëmmen esou al, wéi se gedréckt ass. Gëschter ass natierlech schonn eng Géigennoriicht komm an der „Neue Osnabrücker Zeitung“. Do ass et dann esou, dass den Titel deen ass: „Meyer Werft in Luxemburg: Moratorium bis September“.

Wat geschitt elo do? Ma natierlech ass déi niedersächsesch Landesregierung net frou iwwert dee Geste, deen déi Werft do wëllt ugoen oder deen déi Entreprise do wëllt maachen. Déi hunn och schonn zwou Firmen 2014 hei zu Lëtzebuerg gegrënt. An do gräift elo hiren Dialogue social. An zwar setze se sech zesummen, awer et ass éischter och esou een Antiblocage-Dialogue-social wéi deen och am virgenannte Beispill, soudass d'Werft, de Betriebsrat, d'IG-Metall - also d'Gewerkschaft - an d'Landesregierung zesumme Gespëcher féieren iwwert déi Iddi vun der Meyer Werft.

Voilà! Dat ass just e klengt Beispill, fir ze soen, wat et alles an Nopeschlänner vu Reglementer a Bestëmmunge gëtt, wat den Dialogue social ugeet.

Elo zum Ofschloss, Här President – neen, entschëllegt, Madame Presidentin -, léif Kolleeginnen a Kolleegen: déi gréng sinn der Meenung, dass eng staark Délégation du personnel, déi souwuel d'Uleies vun de Mataarbechter vertritt an awer och dozou bäidréit, dass e gutt an nohaltegt Funktionéiere vun enger Entreprise garantéiert gëtt, wat deene soll um Häerz leien, och ganz sécherlech e Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg bréngt.

An domat wëlle mir als Gréng dat och ënnerstëtzen an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci fir Aert Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Anzia. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci. Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Frank Arndt Merci als Rapporteur vun dësem Projet, deen eng laang Geschicht huet.

De Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg huet och eng ganz laang Geschicht, a mer schwätzen am Fong vun honnert Joer, wou hei zu Lëtzebuerg déi Entwécklung stattfonnt huet. Uganks vum leschte Jorhonnert ass et ugaangen an et ass dunn och ugaange mat eise Sozialversicherungswiesen, mat Pensiounskeesen, mat Krankekeesen, déi an enger éischter Phas ëmmer nëmme betribsméisseg waren a sech och dunn zu deem entwéckelt hunn, wat se haut sinn: zu nationale Krankekeesen, Pensiounskeesen, Fleegeversécherungen an Onfallversécherungen.

Och de sozialen Dialog an de Betriber huet eng laang Geschicht an ass vu klengen Organisatiounen op Betribsniveaue gewuess, bis mer lues a lues Gewerkschaften kruten, déi strukturiert waren, an dann och de gesetzleche Kader lues a lues etappeweis ausgebaut ginn ass.

All Etappe si meeschtens vun de Leit kritesch gesi ginn, wa mer um Sozialdialog gesetzlech Verankerung gemaach hunn. Mä et muss een awer soen, datt mer op dee Sozialdialog, dee mer hei zu Lëtzebuerg, mengen ech, an deene leschte Jorzéngte gemaach hunn, datt mer awer positiv dorobber kënnen zrëckkucken.

Mir gesinn, datt mer hei an dësem Land ee soziale Fridden hunn, wourëm vill aner Länner eis beneiden, net nëmmen opgrond vun eise Gewerkschaften, mä och duerch d'Gewerkschaften. Ech denken zum Beispill un den Index, dee mer hei zu Lëtzebuerg agefouert hunn a woumadder mer eng automatesch Upassung un d'Entwécklung vun de Léin a Gehälter a Pensiounen maachen, wou an deenen anere Länner - mer brauchen net wäit, nëmme bei eis däitsch Nopen, ze kucken - permanent musse Lounaugmentatiounen ageklot ginn a wou da vill sozial Konflikter opkommen, wou Streiker opkommen.

Alles dat, mengen ech, ass op déi Konstruktioun, wéi mir se hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, zrëckzeféieren an huet als Zil gehat, datt mer hei zu Lëtzebuerg e gudde soziale Fridden - bis elo - hunn. A wat och een Atout ass fir de Standuert Lëtzebuerg: Och d'Betriber, déi kucke souwuel

wéi déi politesch, mä awer och wéi déi sozial Verhältnisse an engem Land sinn, an do, mengen ech, géife mer als Lëtzebuerg haut e gutt Bild ofginn.

Datt déi Gesetzter an déi Entwécklung regelméisseg ugepasst ginn, schéngt mer eng normal Affär ze sinn. De Kolleeg Marc Spautz huet ee ganz wäiten Exkurs gemaach, fir alles opzezielen, an ech mengen, en hat nach eppes verpasst, mä dat ass net esou schlëmm, well et waren der scho genuch, déi en opgezielt huet, mä do ass et awer och elo erëm un der Zäit, datt kënnen Upassung gemaach ginn. Meng Virriedner si vill méi am Detail drop agaangen, soudatt een dat elo net méi nach eng Kiéier brauch ze maachen.

Datt haut de Comité mixte ofgeschafft gëtt an datt en an d'Missioun vun de Personalverriedungen integréiert gëtt, kann een als eng positiv Entwécklung gesinn. Mir alleguer, déi haut hei schwätzen, komme jo aus der Gewerkschaftszeen, mir waren a villen Delegatiounen, a wann een net grad am Comité mixte war, da war et ëmmer schwéier, fir genau gewuer ze ginn, wat an deem Comité mixte do geschwat ginn ass. Hei kënn elo zum Beispill eng Méiglechkeet, datt d'Delegatioun méi direkt Verbindungen als Delegatioun kritt, an obwuel iwwert déi sogenannte „Exekutiv“ zwar do nach méi eng kleng Barrière agebaut ass, muss awer elo generell d'Entreprise der Delegatioun, an domadder der ganzer Delegatioun, eng Rei vun Informatiounen zoukomme loossen. An op dësem Punkt ass dat fir mech eppes Positives, wat an deem Gesetz ass.

Ech wëll elo net op d'Missiounen alleguer agoen. Also, de Rapporteur huet se opgezielt. Déi, déi elo an den Delegatiounen sinn, dat sinn alleguer déi, déi do waren, inklusiv dat, wat elo duerch d'Comités mixtes derbäikënn, wou d'Missioun mat bäikënn.

D'Jugendausschëss ginn ofgeschafft. Dat ass eng Tatsaach, datt mer praktesch keng Jugendlecher méi an deem Alter tëschent 16 an 18 Joer hunn. Si sinn och net laang do dran. Si sinn dann och net strukturiert. Mir hu se zwar nach an den Delegierte vun de Léierjongen oder Léiermeedercher, mä op där anerer Säit, wann elo Jugendlecher do sinn, kréie se wuel dat aktiivt Wahlrecht, mä et ass keng Garantie méi, wa se zu méi wieren, datt se e Virrieder an der Delegatioun hätten.

Meng gewerkschaftlech a politesch Carrière huet och an engem Jugendausschuss ugefaangen, an duerfir bedauert een dann, wann...

#### (Interruption)

Haut hätt ech vläicht net méi déi Chance, fir déi Carrière ze maachen, well et kee Jugendausschuss méi haut géif ginn. Mä, wéi gesot, déi hunn da vläicht aner Méiglechkeeten.

Madame Presidentin, ech wëll vläicht méi e puer Wierder verléieren iwwert de Sozialdialog.

Wa mer vu Sozialdialog schwätzen, da schwätze mer am Fong vun dem Dialog tëschent de Sozialpartner: de Gewerkschaften, dem Patronat an dem Stat. Dat ass dat, wat an der Regel ënner Sozialdialog insinuéiert gëtt. An och haut, bei deem Gesetz hei, schwätze mer déi ganzen Zäit vun dem Sozialdialog, mä et muss een awer och wëssen, datt déi Gesetz d'Basis leéen, fir där enger oder anerer Gewerkschaft hiert Kräfteverhältnis ze bevirdeelen oder et ze benodelegen.

Well och tëschent de Gewerkschaften besteet eng Konkurrenz, esou wéi se tëschent de Parteien besteet. Et gëtt och e gewëssene Machtkampf tëschent de Gewerkschaften. An duerfir ass et ëmmer wichteg, och ze kucken, wat an deene Gesetzter steet, wat alles méiglech ass, wat fir eng Gewerkschaften eventuell bevirdeelt respektiv anerer benodelegt ginn.

Et gëtt déi zwou grouss Tendenzen an der Gewerkschaftszeen, fir d'Eenheitsgewerkschaft ze grënnen. Dat war d'Zil 1979, wéi den OGB-L gegrënt ginn ass. Ech sinn nach ee vun deene weinigen, déi an deene Virverhandlungen vum éischte bis de leschte Moment derbäi waren. Déi meescht Kolleegen, déi deemools derbäi waren, sinn haut leider dout. Duerfir kennen ech genau d'Ziler, déi deemools waren. An duerfir hunn ech zum Schluss och derfir plädéiert, net dranzegoen, well ech och an der Eenheitsgewerkschaft eng grouss Gefor gesinn hunn.

Ech si perséinlech, an och meng Partei, e Verfechter vum gewerkschaftleche Pluralismus, well mer soen, datt de Pluralismus Virdeeler huet fir d'Salariat. Éischens hu mer eng gesond Konkurrenz ënnert de Gewerkschaften. Mir hunn och eng Kontroll, eng Gewerkschaft vis-à-vis vun där anerer. An de Salarie huet och de Choix tëschent Gewerkschaften.





Mir kenne Länner, wou et d'Eenheetsgewerkschaft gëtt, do huet de Salarié kee Choix méi. Do ass e praktesch forcéiert, an déi eng Gewerkschaft ze goen. An dann ass et souguer, wa mer an Eisträich a vill Betriber kucke ginn, scho bal eng Obligatioun, datt ee muss an déi Gewerkschaft goen. Hei huet de Salarié nach eng Muecht - well en huet net ganz vill Muechte vis-à-vis vu senger Gewerkschaft -, datt e seet: Ech ginn eraus an ech gi bei eng aner oder ech wielen eng aner. An duerfir mengen ech, ass de gewerkschaftleche Pluralismus schonn eppes Wichteges an ech mengen, d'Lëtzebuerger halen och dru fest.

Et muss een allerdéngs wëssen, datt mer am Kader vum Kollektivvertragsgesetz eng Kéier déi national Repräsentativitéit agefouert hunn. An ech wëll mech och domadder befaassen, well do huet d'Politik e Jalon gesat an engem Wonsch vu Gewerkschaften Rechnung gedroen, fir datt déi eng gewësse Monopolstellung sollten hunn. Fir se mam Numm ze nennen, sinn dat haut den OGB-L an den LCGB, déi sech och doranner ëmmer eens waren, fir wann aner Gewerkschaften komm sinn oder sollten opkommen. An dowéinst ass déi national Repräsentativitéit jo gemaach ginn. Nodeems 1960 eng neutral Gewerkschaft gegrenzt ginn ass, ass duerno e Kollektivvertragsgesetz gemaach ginn, wat zwou Gewerkschaften eng Monopolstellung ginn huet.

A wann de Kolleeg Spautz Marc sech haut hei, mat Recht, opgereeht huet, datt an deem Gesetz menger Meinung no eng Gewerkschaft, den OGB-L, hei e Virdeel vis-à-vis vun enger anerer nationaler repräsentativer Gewerkschaft eventuell kritt, muss ech awer soen, datt bis dohinner souwuel den OGB-L an den LCGB sech awer ëmmer eens waren, wann et geheescht huet, all déi aner sech vum Pelz ze halen. A si hunn et dann och ëmmer fäerdegbruecht, datt déi Parteien, déi hinnen nostoungen, sief et d'CSV oder sief et d'LSAP, datt déi hinne Gesetzer gemaach hunn, déi hinne genehm waren.

Haut ass d'CSV net méi an der Majoritéit an duerfir ass dann elo eben e Gesetz gemaach ginn, wou ech der Meinung sinn, datt eben och, an do deelen ech d'Meenung vum Marc Spautz, datt hei eng Gewerkschaft, den OGB-L, eng Virreideroll méi avantagéis kritt, wann een déi aktuell Situatioun kuckt, wéi dat de Fall war, sief dat bei de Fräistellungen oder sief dat d'Missiounen, wéi herno d'Exekutiv vun den Delegatiounen sech zesummesetzt.

Déi national Repräsentativitéit... An duerfir wëll ech och soen, datt de Marc Spautz haut hei op d'Chambre des Métiers zrëckgewisen huet, fir ze weisen, datt dat heite Gesetz ondemokratesch ass. Ech wëll net op d'Chambre des Métiers zrëckweisen, ech wëll am Fong op déi Gewerkschaftler aus deene Gewerkschaften, déi d'national Repräsentativitéit realiséiert kritt hunn an hirem Interessi, weisen, datt dat och net grad demokratesch ass, fir net ze soen, et wier ondemokratesch.

Wa mer dat kucken, dat gëtt ëmmer an deene Gesetzer hei erëm verankert. Wann ee bei Delegatiounswahle Kandidatelëschten opsetzt, da steet am Gesetz, datt d'Kandidate kënnen presentéiert gi vun enger national repräsentativer Gewerkschaft. Dat heescht, wann e Betrib do ass vun 150 Leit an den OGB-L oder den LCGB, déi hätten ee Member an deem Betrib a si géifen dee bei de Wahlen presentéieren a soen: „Hei ass eise Kandidat!“, dann ass domadder d'Konditioun erfüllt.

A wann eng aner Gewerkschaft an deem Betrib ass an déi hätt vun deenen 150 Leit der 145 bei sech als Member, da muss déi bei 5% vun der Belegschaft Ënnerschrëfte siche goen, fir iwwerhaupt kënnen hir Kandidaten ze presentéieren.

Et ass kee Problem, mä et ass net gerecht, datt déi eng mussen Ënnerschrëfte siche goen an déi aner kënnen se einfach presentéieren. Ech hunn elo e Beispill geholl, wou eng Gewerkschaft ganz vill Leit huet an deem Betrib, mä et kann och sinn, datt se der net esou vill huet, da ka se hir Lëscht emol net presentéieren, well se net 5% vun Ënnerschrëften huet.

Mir kennen a politesche Systemer, datt ee muss beim Resultat 5% hunn, fir ee Mandat ze kréien, mä bei de Gewerkschaften ass hei eng Barrière agesat ginn, datt déi, déi net d'national Repräsentativitéit hunn, datt déi scho musse 5% am Virfeld vun de Leit ënnerschriwwen kréien. Dat, Kolleeg Spautz, an och déi aner Kollegen, ass sécherlech och ondemokratesch.

Genau datselwecht ass bei dem Kollektivvertragsgesetz, wou just déi Gewerkschaften, déi

d'national Repräsentativitéit hunn, d'Recht hunn, Kollektivverträge ofzeschleissen. Wann Der e Betrib hutt, wou eng aner Gewerkschaft d'ganz Belegschaft hanneru sech huet, d'ganz Delegatioun souguer géif besetzen, mä si huet kee Recht, fir e Kollektivvertrag auszuhandelen. An et muss dach awer d'Personal aus engem Betrib sinn, wat kann decidéieren. Et decidéiert fir d'Delegatioun, an et ass och d'Personal, wat misst am Fong kënnen decidéieren, wéi si négociéiert. Neen, hei huet de Gesetzgeber zwou Gewerkschaften eng Monopolstellung ginn, déi mussen derfir ënnerschreiwen, fir datt e Kollektivvertrag rechtskräfteg ass.

Mir gesinn also, datt hei an deem Gesetz all déi ondemokratesch Prinzipien, déi de gewerkschaftleche Pluralismus onwahrscheinlech anenken, datt déi zwou Gewerkschaften eng Monopolstellung ginn hunn. An deem Gesetz komme mer dann elo emol éischens och an eng Situatioun, wou eng vun deenen zwou national repräsentative Gewerkschaften zousätzlech an deem Gesetz bevirdelegt gëtt. An duerfir wëll ech och soen: Déi Leit, déi sech dorüwer opregen, sollen awer wëssen, datt an der Vergaangenheet si mam OGB-L zesummen et ëmmer verstanen hunn, fir all déi aner Gewerkschaften, duerch hir politesch Frënn an de Regierungen, sech vum Pelz ze halen.

Well eben an deem Gesetz elo dës ondemokratesch Prinzipie festgehalen ginn, stëmme mir als ADR dergéint.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Gibéryen. Ech mengen, et ass keen Deputéierte méi ageschriwwen. Da géif ech elo der Regierung d'Wuert ginn. Ech géif den Här Minister Nicolas Schmit op d'Tribün ruffen.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech wëll emol ufänken, fir fir d'Éischt dem Rapporteur Merci ze soe fir seng gutt Aarbecht, fir säi Rapport, fir seng Presentatioun vu sengem Rapport. Ech wëll awer och alle Membere vun der Kommissioun Merci soe fir déi oppen, heiansdo e bësse méi sportlech Diskussioun, déi ëmmer korrekt war a wou mer awer eng large Plage, mengen ech, vu Punkten haten, wou mer d'accord sinn.

Ech wëll och vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, all deene Merci ze soen, déi un deem Projet hei geschafft hunn, dorënner och menge Beamten an och Leit vu baussen, besonnesch engem fréiere Beamten aus dem Ministère du Travail, deenen ech besonnesch hei wëll ernimmen an deem ech vun dëser Plaz aus och Merci wëll soen, deenen duerch seng grouss Experienz och mat un deem Projekt geschafft huet.

Wéi Der richteg gesot hutt: Dëse Projekt ass net de Projet eleng vun dëser Regierung! Dëse Projekt ass eigentlech dee vun der viregter Regierung. Et ass déi viregt Regierung, déi an hirer Deklaratioun vun 2009 anonncéiert huet, si géif eng Reform vun dem Sozialdialog an de Betriber maachen. A fir déi Reform ze maachen, si ganz vill Consultatiounen dee Moment gefouert ginn. Mat alle Gewerkschaften, mat alle Vertrieeder aus der Wirtschaft sinn direkt Consultatiounen oder och heiansdo méi perséinlech Diskussiounen a Consultatiounen gefouert ginn.

Datt et dann am Endeffekt net jiddwerengem passt a jiddwerengem schmaacht, bon, datt hunn eben oft esou Kompromësser u sech, datt een eben net alle Punkte vu jiddwerengem kann honnertprozenteg Rechnung droen. Mir wëssen och, datt Leit, besonnesch aus de Betriber, heiansdo op verschidden Aspekten, wat d'Organisatioun vum Sozialdialog an de Betriber ugeet, vläicht méi gereizt reagéieren, wéi anerer.

Et waren och ganz kloer Limitte fixéiert ginn, a wat fir eng..., wéi dee Projekt hei sech sollt bewegen. Schon 2009. Eng vun de Limitte war: Mir ginn net fundamental un d'Seulen. Mir hunn dat respektéiert, well effektiv ee vun de wichtigsten Seulen, 15, ass net geännert ginn, wou ech derzou héieren hunn, aus eiser Gewerkschaftsseen, haaptsächlech, datt een hätt misse dee Seuil vu 15 nach erofsetzen, well et gëtt Länner, wou effektiv dee Seuil wäit méi niddreg ass wéi 15.

Et ass och kloer gesot ginn, a grad an deem Kontext wëll ech soen, well oft vu klengen Entreprisén geschwat gëtt, an ech mengen, de Rapporteur huet dat och gutt beschriwwen: Mir wollten also déi, besonnesch déi ganz kleng Entreprises hei berücksichtegen an deenen net e System operleeën, deen eigentlech e bëssen artificiel wier, compte tenu vun der Zuel vun de Salariéen.

Et ass och kloer gesot ginn, datt mer net géifen un dat goen, wat d'Cogestioun proprement dit géif ubelaangen. Dat heescht, d'Repräsentatioun vun de Salariéen an de Conseils d'admini-

stration, dat ass aus deem Projekt erausgeholl ginn. Et ass erausgeholl ginn an, bon, do ass d'Fro: Ännere mer dat eemol? Et muss ee kucken, wéi d'Evolutioun och an Europa do geet.

Mä ech mengen, déi wesentlech Fro, au-delà hei vun där enger oder där anerer Stonn méi oder manner, dat ass dach d'Fro: Wat fir eng Wirtschaft wëlle mer? Wéi ee Système économique wëlle mer? Wëlle mer eng wierklech sozial Maartwirtschaft? Jo, ech mengen, déi meescht hei, voire jiddwereen ass fir eng gutt fonctionnéierend sozial Maartwirtschaft.

Wa mer dat also soen, da muss mer och akzeptéieren, datt d'Demokratie an esou enger sozialer Maartwirtschaft net ka virun den Diere vun den Entreprises haltmaachen. An dat ass de Sënn vum Sozialdialog! Dat ass an d'Wirtschaft, an d'Entreprises en Équilibre erabringen, wou natierlech den Employeur seng Responsabilitéiten huet - den Arbeitgeber, wéi Der en ëmmer esou schéi genannt hutt, absolutt richtig! -, mä och den Arbeitnehmer, de Salarié, absolutt seng Intérêten am Betrib huet. An duerfir muss probéiert ginn, iwwert de Sozialdialog e gudde valabelen Équilibre ze schafen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

A wéi gesot ginn ass: Wann deen Dialog gutt fonctionnéiert, dann ass ganz oft à la clé e bessert wirtschaftlecht Resultat do, e bessert soziaalt Klima do. D'Leit si méi zefridden, well se d'Gefill hunn, escht geholl ze ginn, well se d'Gefill hunn, gelauschert ze ginn, well se d'Gefill hunn, iergendwéi un deem Ganzen ze participéieren.

Mir sinn eben elo net nëmmen an engem System, wou et drëm geet, a mir hate virun eng Diskussioun iwwert d'Finanzen, vun de Shareholder; mir mussen och e System hunn, wou d'Stakeholder - an d'Salarié si Stakeholder - och mussen kënnen eppes ze soen hunn an un deem Ganze kënnen participéieren.

An duerfir ass et och wichteg, d'Gewerkschaften selwer an de Betriber an an deem Sozialdialog anzubannen! Et ass net d'Fro, 47 Gewerkschaften ze hunn, well wann een der 47 huet, dann huet ee keng. Et ass d'Fro, datt mer eng Gewerkschaftsseen hunn, déi, an do sinn ech absolutt d'accord mat deem, wat gesot ginn ass, déi participéiert, matschwätzt, mä awer och mat Verantwortung iwwerhëlt. Dat ass dat, wat de Sozialdialog staark mécht. Et ass dat, wat de Sozialdialog weiderbréngt. An dat sinn déi Froen, déi mer mussen hei diskutéieren. Dat sinn déi Reflexiounen, déi mer mussen zesummen ustellen.

Hei ass ee gutt Beispill genannt ginn, vum Här Garcia, iwwer Hëllef Doheem. Dat ass dee Sozialdialog op kee Fall, op kee Fall!

## (Interruptions diverses)

► **Une voix.** - Anzia!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - Pardon! Anzia. Jo, dat war virun, jo, très bien! Gesitt Der, ech sinn...

## (Brouhaha)

Du war ech zwar och nach net hei. Voilà!

## (Hilarité)

Wou also de Sozialdialog schlecht fonctionnéiert huet, mä wou e rattrapéiert ginn ass. An ech muss soen, wéi mer zesummesouze mat de Gewerkschaften, mat de Responsable vun där - en l'occurrence - Fondatioun, net Entreprise, muss ech soen, hunn d'Gewerkschaften do e ganz positive Rôle gespilt, e ganz positive Rôle, fir eng valabel Solutioun ze fannen!

An, mir wëssen dach alleguerten, datt dee Secteur, wou de Sozialdialog fonctionnéiert huet, deen ons erlaabt huet, duerch Kris no Kris ze goen, dat ass dach d'Siderurgie! Wann et do net am Betrib staark Gewerkschaften ginn hätt, da wier alles auserneegebrach, alles auserneegefuert. Dann hätte mer dat erlieft, wat mer zu Florange an op anere Plazen erlieft hunn. Et ass, well mer e valabele Sozialdialog haten, well mer staark Gewerkschaften an de Betriber haten, datt mer konnten déi Siderurgiekris bis haut, bis virun e puer Deeg, wou mer nach zesummesouzen, esou léisen, fir datt et haut nach ëmmer als e Modell gëllt.

Elo e puer Saachen, déi net gesot gi sinn, an déi ech eigentlech bedauern, datt se net gesot gi sinn, well dee Projekt ass net nëmmen eng Saach vun e puer Stonnen hei oder e puer Stonnen do. Wat wëlle mer maachen?

Ma, mir wëllen och, datt deen Delegéierten en Delegéierten ass, dee seng Missioun voll a ganz kann assuméieren. A fir eng Missioun an engem komplizéierte Wirtschaftssystem, an enger Entreprise, déi ëmmer méi komplizéiert fonctionnéiert - an ech mengen, Dir hutt gesot, hei sinn eng Rei Leit, déi effektiv an Delegatiounen oder a Comités mixtes oder an deenen

zwee vläicht waren -, Dir wësst alleguerten, datt d'Gestioun vun den Entreprisén komplex ginn ass, datt d'Aarbechtsrecht komplex ginn ass, datt all Sozialrecht komplex ginn ass. An duerfir muss mer natierlech den Delegéierten eng besser Formatioun ginn. An dat Gesetz hei erlaabt emol fir d'Éischt, datt d'Delegéiert eng besser Formatioun kréien. Dat ass also e wichtige Punkt.

En zweete Punkt, deen net gesot ginn ass, dat ass déi Geschicht mat de Conseilleren, wou ech oft effektiv kritiséiert gi sinn, och besonnesch vun de Chambres professionnelles patronales. Eh bien, éischens emol gouf et Conseilleren. Conseillere sinn net eng Erfindung vu mir. Mä mir hunn de Seuil erofgesat vun de Conseilleren, well mer och der Meinung sinn, datt mer eben iwwert de Wee vun de Conseilleren d'Gewerkschaften selwer méi an de Betriber abannen. An et sinn nëmmen déi Gewerkschaften, déi eigentlech net wëllen am Betrib agebonne sinn, an deene Länner, wou de Sozialdialog net esou fonctionnéiert, wéi en hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert, wou de Sozialdialog net fonctionnéiert.

An duerfir ass et e Calcul de courte vue - de courte vue! -, wann een net wëllt, datt d'Gewerkschaften e Rôle spillen iwwert d'Delegatioun, nieft der Delegatioun, mat der Delegatioun am Dialog mam Employeur, wann een dat net wëllt. Well dat ass e Wee, fir d'Gewerkschaften mat an de System ze implizéieren, fir ëmmer erëm zrëck matzedecidéieren a mat Verantwortung ze iwwerhuelen.

Nun iwwert de Comité mixte e Wuert. Grad do läit de Punkt, firwat mer en ofgeschafft hunn - ech mengen, den Här Gibéryen huet dat ganz gutt beschriwwen, ech muss lech félicitéieren -, well éischens emol ass et e bëssen eng komesch Demokratie, wou déi eng alles wëssen an déi aner net alles. An et ass och net e Partage des rôles méi esou ze gesinn, wéi dat an der Vergaangenheet esou gesi ginn ass: Mat deenen enge schwätze mer seriö an déi aner kënnen jäizen. Dat ass net dee System vu Sozialdialog, dee mer fir déi heiteg Zäit brauchen.

Mir haten e System, deen sech konnt net esou richtig decidéieren tëschent dem franséische System, wou et haaptsächlech drëm gaangen ass, fir datt d'Salarié kéinten am Betrib jäizen, an deem däitsche System, wou et drëm gaangen ass, datt d'Salarié mat an d'Décisiounen integréiert géife ginn.

Eh bien, elo hu mer, mengen ech, eng Décisioun geholl. A mir hunn déi Décisioun geholl, well all déi aner se huelen, well all déi aner op deen nämlechte Wee ginn, y compris d'Franzosen - y compris d'Franzosen! Et ass net: «Les uns revendiquent et les autres négocient.» Neen, et ass sécher nach d'Recht vun all Delegatiounen, och kënnen ze revendiquéieren, dat ass an der Natur vun der Saach, mä et muss een déi zwou Saachen zesummebréngen.

Et ass dat, wat de Rôle vum Betriebsrat ass. De Betriebsrat an Däitschland ass den Interlocuteur vum Employeur. Et ass en Interlocuteur am Prinzip fiabel. Et ass en Interlocuteur, wou eng Majoritéit besteet, wou den Employeur sech kann drop verloossen, mä wou awer och d'Salarié sech kënnen drop verloossen, well et de wierklechen, unique Représentant vun de Salariéen ass.

An, ech mengen, mir hunn ee groussen Défi: Dat ass emol genuch gutt Leit. An ech mengen, dat ass en Défi fir d'Employeuren sougutt wéi fir d'Gewerkschaften, datt mer genuch Leit wierklech motivéieren, déi Charge vum Délégué ze huelen, well, wat ech héieren aus de Betriber, dat ass, datt ganz oft d'Leit soen: „Boff, ech géif mech jo engagéieren an esou weider, mä wann ech mech elo do engagéieren an ech gi gewielt an ech ginn Delegéiert, bon, da leit eigentlech meng professionell Carrière ënnert deem Mandat.“

Dat mécht, datt vläicht déi Leit, déi besser wieren, fir déi Charge ze assuméieren, et net maachen, an datt dann eben anerer et maachen. An duerfir sinn ech der Meinung, datt mer mussen d'Leit iwwerzeegen, déi Charge als Delegéiert ze huelen, ze assuméieren, dat ze spilen. Et ass nëmmen esou, wou kann e produktive Qualitéitssozialdialog fonctionnéieren.

An och do hu mer eng Dispositioun agebaut, ausser der Formatioun. Dat ass eng besser Propektioun vum Delegéierten.

Mä en anert wichtegt Element ass, datt den Delegéierte muss eng gewëssen Assurance kréien, wat seng Carrière ubelaangt, fir datt en net e bëssen am Vide steet herno, wann en a) vläicht net méi erëmgewielt gëtt oder b) eigentlech seet: Dat do war et fir mech, ech wëll elo erëm am Betrib eng normal professionell Aufgab maachen. An déi Transitioun, dat ass e wichtige Bestanddeel, en essenzielle Bestanddeel vum Sozialdialog.

Elo kommen ech op dee berühmten Délégué libéré. Och dee spillt an deem do Spill e wichtige Rôle. Mir mussen deen Délégué libéré va-





loriséieren, fir datt Leit, déi wierklech kënnen en Interlocuteur vum Employeur sinn... A wat freet den Employeur eigentlech méi, wéi en Interlocuteur ze hunn, mat deem e ka schwätzen, deen em ka Saache bréngen, wat d'Leit préoccupéiert, wou kënnen schonn am Virfeld Saachen négociéiert, diskutéiert an och dann definitiv beschloss ginn? Dat ass dat, wat den Employeur interesséiert!

Mä dat, wat natierlech de Salarié interesséiert, ass dat nämlecht, datt e weess, wie si meng Uspriechpartner, wien ass mäin Uspriechpartner hei an deem Betrib!

An do, Här Spautz, erlaabt mer do, net mat lech d'accord ze sinn. Dir hutt eng Experienz zwar an engem Comité mixte, an enger Delegatioun, Dir hutt och eng Experienz, mengen ech, an engem Gemengerot, Dir waart och Minister. Ech hu vill vun Ären Experienzen net.

D'Delegatioun ass kee Gemengerot! D'Delegatioun ass net e System, wou et eng Majoritéit gëtt an eng Minoritéit.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dach!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Da musse mer dee System iwwerwannen.

**(Interruption)**

Datt et Sensibilitéit gëtt, datt et Sensibilitéit gëtt, Här Spautz, an ech sinn net e Verfechter vum Syndicat unique! En huet seng Avantagen, an ech mengen, e kann och seng Inconvénienzen hunn, effektiv. Ech sinn an deem Sënn fir de Pluralismus. Mä de Pluralismus heescht natierlech och, datt mer en demokratesche System hunn, datt mer optéieren...

**(Brouhaha général)**

Majo, datt et, wann et eemol gestëmmt ass, datt eben d'Majoritéit an der éischter Linn steet, eventuell déi Entreprises iwwer 250 haut - an do kommen ech nach drop - de Représentant, den Délégué libéré hunn, an déi aner natierlech Delegéierte sinn. A mir revaloriséiere jo net nëmmen den Délégué libéré. Mir revaloriséieren all Delegéiert, all Delegéiert, all Delegéiert! An duerfir soen ech lech: Liest den Text!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Do steet ganz kloer dran, Här Spautz: «Chaque membre de la délégation doit obtenir le temps nécessaire pour accomplir sa fonction.»

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Lastik.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Kloer. Do ass de Prinzip.

**(Interruption par M. Marc Spautz)**

All Delegéierte muss déi Zäit hunn, fir effektiv seng Missioun kënnen voll ze erfëllen. Datt et natierlech en Délégué libéré gëtt, ech mengen, dat ass am Sënn, dat ass positiv fir e besser funktionéierenden Dialogue social an der Entreprise, eng méi effikass Representatioun vun de Leit.

Elo kommen ech... Ass eppes esou Schlëmme fundamental verännert ginn?! Do kann ech mech jo nëmme wonneren! Wéi war de System haut? Här Spautz, de System war deen, an deen hutt Dir och deemools '79 net geännert, de System hutt Dir net geännert! De System 1979, deen Dir jo du geännert hutt, esou wéi en haut ass, an esou wéi mir e gelooss hunn, ass...

**(Interruption par M. Marc Spautz)**

...esou wéi mir e gelooss hunn, ass, datt bei 250 Leit am Betrib et een Délégué libéré gëtt. Elo sot mer emol, wéi war et dann do mat der Minoritéit? Wat hunn dann déi Minoritéite gemaach, déi dann net den Délégué libéré bei 250 haten? Hunn déi sech... Wéi eng Zäit hunn déi sech opgedeelt? Neen, déi hu keng Zäit opgedeelt, déi hunn dat kritt, wat haut d'Situatioun ass. Dat heescht, si hunn déi Zäit kritt, déi se als Delegéierte gebraucht hunn, fir hir Aarbecht ze maachen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Haut 250, gëschter 500. Gëschter 500. Dat heescht: Alleguerten déi, déi keen Délégué libéré haten, déi hunn net méi gehat wéi dat, wat se elo hunn. Just wat mir gemaach hunn, an do sinn ech stolz drop, mir hunn eigentlech

d'Delegatioun gestärkt, andeem mer dee Seuil vu 500 op 250 gesat hunn.

An elo froen ech lech, Här Spautz: Sidd Der do derfir oder sidd Der do dergéint?

Esou wéi ech lech och muss nach ëmmer froen: Sidd Der elo wierklech fir d'Abolitioun vum Comité mixte? Well Dir sot mer ëmmer dat, wat d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce gesot hunn, mä sot mer emol richtig, wat Dir dovu mengt! Sot mir: „Ech sinn derfir oder ech sinn dergéint.“ Ech hunn dat bis elo nach net héieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, wann Der lech un den Här Spautz adresséiert, amplat un d'Chambre adresséiert,...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...da muss ech dem Här Spautz, dee ganz fein de Fanger gewisen huet, och d'Wuert ginn, fir op Är Froen ze äntwerten. An ech wëll lech drop opmierksam maachen, Här Minister, dass d'Zäit fortleeft.

**(Brouhaha)**

Mä vu dass Der e puermol ënnerbrach gi sidd...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Also fir d'Éischt zwou Remarques: De Moment sinn et 158 Betriber, déi drënner komm sinn, wou Der virdru gesot hutt. Deemools, wéi dat Gesetz agefouert ginn ass, bei iwwer 500, wëll ech lech soen, dat waren der 13. Elo sinn et der 258, déi mat där 250er Regel spillen. Dat ass schonn e bëssen e klengen demokrateschen Ennerscheid.

Zweetens, wou ech net mat lech d'accord sinn, dat ass déi Geschicht... Dass eng Delegatioun mat engem Gemengerot net datselwecht ass, do sinn ech mat lech d'accord, mä Dir musst ëmmer all Mënsch d'Méiglechkeet ginn, déi Zäit ze hunn, e feste Crédit d'heures ze hunn. An dat Eenzegt, wat ass mat deem Saz, deen Der virgelies hutt, deen ech guer net contes-

téieren, deen Eenzegen, deen do Geld verdéngt, sinn eis Kolleegen Affekoten heibannen, well dat wäerte vill Prozesser ginn a vill Jurisprudenz ginn, bis dat definéiert ass!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dat steet haut och am Gesetz, Här Spautz, dat ass kee Saz, deen ech erfonnt hunn.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- An de Comité mixte, wëll ech lech soen: Ech perséinlech, Här Schmit, Dir hat mech eppes gefrot, ech perséinlech, ech sinn derfir, dass de Comité mixte bleift, wéi en ass.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Okay, c'est clair. Dir perséinlech!

**(Brouhaha)**

...wéi Är Fraktioun denkt, mä Dir perséinlech, okay.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Fir mech perséinlech...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- C'est clair.


► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou, an elo ass den Dialog eriwwe an den Här Minister huet net méi ganz vill Zäit fir d'Konklusiounen.

**(Brouhaha)**

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Bien. Okay. Ech mengen, par ailleurs ass vill gesot ginn, ech brauch net méi dorop zrëckzekommen, fir datt mer eben eng Enceinte unique hunn, wou den Dialogue social ka spillen.

Ech wëll elo net op all déi Erneierunge kommen, déi leider och net mentionnéiert gi sinn, well mer alles hei op ee klengen Punkt do reduzéiert hunn. Dee schéngt jiddwereen ze faszinéieren an ze monopoliséieren.

Ech muss awer och soen - fir d'Geschicht, déi Dir jo hallef richtig erzielt hutt, mä nëmmen hallef -: Ech hunn de Projet de loi oder den Avant-projet de loi esou presentéiert, wéi en haut grosso modo ass, ënnert der viregter Re-



Suivez la  
Chambre des Députés  
sur Facebook  
et Twitter



gierung, Här Spautz. An et huet eng Zäitche gedauert an du sinn op eemol d'Leit waakreg ginn an do ass en Dénge komm, wou gesot ginn ass: Mir akzeptéieren dat net! Mir wëllen dat renégociéieren.

An, Här Spautz, Dir wësst, datt mer vill zesummesouzen. Do wousst ech net ëmmer, a wat fir enger Qualitéit Der do mat mir zesummesouzt.

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Mä, jo, ech hu verstanen, a wat fir enger. Dat ass och fir mech kee Problem en fait, well ech sinn net de Minister vun enger Gewerkschaft. Ech sinn de Minister vun de Salariéen a vun den Employeuren, well och de Ministre du Travail ass net nëmmen de Minister vun de Salariéen, en ass dee vun alle Leit, déi hei zu Lëtzebuerg vum Aarbechtsrecht ofhänken an d'Aarbechtsrecht musse respektéieren. Ech mengen, dat ass dat Wichtigst.

Mä ech hunn awer och nach...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, entschëllegt, Här Minister,...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- ...am Sënn vum Sozialdialog, wann Der den Här Spautz ugeschwat hutt, da muss ech dem Här Spautz och erëm eng Kéier d'Wuert ginn.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Also, Här Minister, fir dat nach eng Kéier kloer ze soen: Ech hunn deemools mat lech verhandelt mat engem Mandat als CSV-Fraktionspresident, dee Posten, deen ech deemools bekleet hunn,...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Okay, dat ass gutt.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...an ech si chargéiert ginn, mam Minister e Kompromëss innerhalb der Koalitioun ze sichen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Très bien! Ech huelen dat...

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat wousst Der awer och, ier den Här Spautz dat gesot huet, wëll ech soen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dont acte!

Bon, ech mengen, par ailleurs kenne mer allequerten ons Affinitéiten an ons Lienen, och dem Här Spautz seng. Ech sinn elo ni responsabel gewiescht, mä mir kennen all ons Affinitéiten.

Wat ech hei zum Enn wëll soen, dat ass, datt och viles driwwer diskutéiert ginn ass, datt viles driwwer diskutéiert ginn ass iwwert de Käschtepunkt. Ech hunn dat jo elo nach erëm eemol héieren. Hei gëtt vergiess, datt jo awer eng ganz Rei Ekonomien an deem Projet hei och agebaut sinn!

Éischtens, Ekonomien, déi et virdru gi sinn iwwert de Statut unique, wou ganz Delegatiounen ofgeschaaft gi sinn, déi vun den Employéen zum Beispill. An ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt do e bëssen esou e Regret matspillt vun deem engen oder deem aneren, well ebe gesot ginn ass: Do hate mer méi ze soen, bei deenen aneren hu mer manner ze soen! An ech mengen, dat ass eben och en demokratescht Spill.

Da muss ech soen, mir hunn all déi intermédiaire Strukturen ofgeschaaft, déi et gi sinn. Déi gëtt et haut net méi. Et gëtt nach eng Delegatioun, eng, am Betrib. An dat ass e wichtige Punkt.

Mä ech wëll awer och nach en anere Punkt soen. Mir hunn hei eng nei Delegatioun agefouert. A mir wësse ganz genau, firwat mer déi Delegatioun agefouert hunn. An och do bedauern ech, datt dat net genuch ervirgestrach gouf. Mir hu virdrun, mat der Madame Hetto, kann ech mech erënneren, diskutéiert iwwert dee ganzen Ensembl vu Geschäfte, wou d'Leit onméiglech behandelt gi sinn, wou d'Gewerkschaften net bäigelooss gi sinn, wou d'Situatioun katastrophal war um soziale Plang.

Firwat? Well ech alles a Stécker geschnidden hunn, fir nëmme keng Delegatioun ze hunn! Eh bien, mir féieren hei eng Delegatioun an, wann esou Spiller gemaach ginn, datt och esou

Ensembelen, déi artificiellement gebaut ginn, fir de Gewerkschaften a fir de Salarié keng Representatioun ze autoriséieren, fir datt déi mussen eng Representatioun kréien. Ech mengen, dat misst am Intérêt vu jiddwerengem sinn a besonnesch vun engem Qualitéitssozialdialog.

An da soen ech nach eemol...

Jo, Här Spautz.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Spautz!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, den Här Minister huet gesot...

(*Brouhaha général*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dir hutt schonn alles guttgeschriwwen, Här Minister.

(*Interruptions et hilarité*)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- De Minister huet gesot, en hätt näischt ofgeschaaft. Ech wëll just soen: En huet d'Divisioussausschëss ofgeschaaft! Also, ech hu keen... Dir hutt gesot, Dir hätt näischt ofgeschaaft. Ech wëll just soen, d'Divisioussausschëss ginn et net méi.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dach! Ech hu gesot, ech hunn alles op een Zentrum bruecht. Ech hu Saachen ofgeschaaft.

(*Interruptions*)

Neen, ech hu se ofgeschaaft, well ëmmer gesot gëtt, de Käschtepunkt vun deem ganze System wier esou deier. Da gëtt ëmmer vernoléisseg a vergiess ze soen, wéi och ëmmer, datt mer eng ganz Rei Saachen ofgeschaaft hunn, y compris och de Comité mixte, well déi Leit, déi am Comité mixte waren, déi hu jo och Zäit do dra verbruecht. An dat ass jo alles; Zäit, wéi mer all wëssen, kascht jo Suen.

An dann dee leschte Punkt, wëll ech soen, dee System, dee mer jo dann, no laangen Négociatiounen, do festgehalen haten, dee Kompromëss: Wie war eigentlech den Tiers payant? Mä den Tiers payant war eigentlech den Employeur! Elo loosse mer dat kloer soen! Den Employeur war den Tiers payant vun deem System, wou nach hei an do eng Stonn bäikomm ass.

Bon, ech iwwerloossen den Employeuren ze decidéieren, ob dat gutt oder schlecht war. Ech fannen, datt et net besonnesch demokratesch war. Ech fannen, datt et eigentlech Konkurrenz oder de Conflit syndical an d'Betriben bruecht hätt. An dat ass net dat, wat mer wëllen. Mir wëllen, datt d'Gewerkschaften an enger gesonder Konkurrenz sinn. Mir wëllen, datt d'Gewerkschaften awer och an enger gesonder Zesummenaarbecht schaffen.

Et geet hei net drëm, d'Majoritéit an d'Opposition, wou d'Opposition alles mécht, fir der Majoritéit - d'Majoritéit, déi jo eigentlech d'ganz Belegschaft soll representéieren an hiren Intérëten -, fir där eigentlech nëmme Bengelen an de Wee ze leeën. Dat kann et net sinn!

An duerfir, mengen ech, ass dat heiten en Text, deen équilibréiert ass, deen natierlech d'Kriticke vun deem engen a vun deem anere bréngt, mä deen eigentlech awer fundamental de Qualitéitssozialdialog an de Betriben férdert, wa jiddweree seng Responsabilitéit hält, wat ech hoffen, an deen eigentlech zu méi Demokratie an de Betriben féiert.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat do ass ukomm.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Wéi? Wat ass dann?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also, wann ech gelift, wann ech gelift, mir hunn hei eng lieweg Diskussioun gefouert an déi ass bis zum Schluss lieweg bliwwen. Ech ginn dovun aus, dass mer um Enn ukomm sinn a mer da kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

An, Här Minister, och wann Der net méi konnt op all Reaktioun elo nach reagéieren, ech mengen, d'Chamber war an der Zäit...

(*Brouhaha*)

...an der Zäit, mengen ech, ganz fair mat lech, fir dat emol esou ze soen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dat gesot, géif ech mat der Ofstëmmung ufänken.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6545 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung...

(*Brouhaha général*)

## Sommaire des séances publiques n<sup>os</sup>41, 42 et 43

### 41<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 609

Communications p. 609

Ordre du jour p. 609-610

6788 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant établissant une procédure de présentation de communications, signé à Genève le 28 février 2012 p. 610-612

6803 - Projet de loi portant modification de l'article 161 du Nouveau Code de procédure civile (sans rapport et sans débats) p. 612

Débat d'orientation sur l'orientation future de la politique du logement p. 612-624

Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Lies p. 615

### 42<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 625

Déclaration de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, sur la situation financière de la Grèce et ses implications européennes, suivie d'un débat p. 625-632

Question urgente n°1257 de M. Marc Spautz relative à l'actionnariat de la compagnie aérienne Luxair p. 630

6798 - Projet de loi portant approbation

1. de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des États-Unis d'Amérique en vue d'améliorer le respect des obligations fiscales à l'échelle internationale et relatif aux dispositions des États-Unis d'Amérique concernant l'échange d'informations communément appelées le «Foreign Account Tax Compliance Act», y compris ses deux annexes ainsi que le «Memorandum of Understanding» y relatif, signés à Luxembourg le 28 mars 2014

2. de l'échange de notes y relatives, signées les 31 mars et 1<sup>er</sup> avril 2015 p. 632-634

Question élargie n°6 de M. Laurent Mosar au sujet du nombre de représentants luxembourgeois au Conseil économique et social européen p. 634-635

Interpellation de M. André Bauler sur la politique en matière de conservation du patrimoine p. 635-643

### 43<sup>e</sup> séance

Ouverture de la séance publique p. 643

6543 - Projet de loi relatif à l'archivage électronique et portant modification:

1. de l'article 1334 du Code civil;

2. de l'article 16 du Code de commerce;

3. de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier p. 643-646

Question urgente n°1264 de M. Max Hahn et de M. Gusty Graas relative aux logements de service p. 646-647

6660 - Projet de loi portant:

- transposition de la directive 2013/36/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013;

- transposition des articles 2 et 3 de la directive 2011/89/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 novembre 2011;

- transposition de l'article 6, paragraphe 6 de la directive 2011/61/UE du Parlement européen et du Conseil du 8 juin 2011;

- modification de:

1. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

2. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

3. la loi du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs p.647-649

6545 - Projet de loi portant réforme du dialogue social à l'intérieur des entreprises et modifiant le Code du Travail et la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de Commerce et des Sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises p. 649-656

Wann ech gelift, nach e bësse Gedold!

D'Ofstëmmung ass ofgeschloss. 59 Kolleege hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. De Projet 6545 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 25 Nee-Stëmmen adoptéiert.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6545 est adopté par 33 voix contre 26.*

*Ont voté oui:* MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

M. David Wagner.

*Ont voté non:* Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Ober-

weis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Marie Halsdorf), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment et négation**)

Also, ech géif jo mengen, dass zumindest déiselwecht Majoritéit erauskënnt wéi beim Projet. An dann ass et eng Majoritéit.

(*Interruptions*)

Ech soen lech Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Reunioun ukomm an ech schlëssen d'Sëtzung domat of. Rendez-vous d'nächst Woch.

(**Fin de la séance publique à 17.39 heures**)